

D'Regierung huet déi geholl besonnesch op Virschlag vum Gesondheitsminister a vu mir selwer.

Mir hunn décidéiert, datt, fir spuersam virzegoen an awer effikass ze sinn, mir all méiglech Synergië solle maachen, an duerfir gëtt deen Institut als e separate Pilier innerhalb vum Laboratoire national de Santé, dee gebaut gëtt zu Diddeleng, an der zweeter Phas integréiert.

Deen Institut, deen da wéi gesot zu Diddeleng an dem Laboratoire national de Santé fonctionnéiert, huet dräi Komponenten: eng, fir d'Médecine légale ze maachen, dat heescht am Fong d'Autopsien ze maachen; eng, fir chemesch, biologesch an toxikologesch Analysen ze maachen, déi ee brauch bei Gerichtsprozeduren, an eng drëtt, fir ADN-Analysen ze maachen.

Do muss et also dann eng Konventioun ginn engersäits téschent de Justiz- a Policeautoritéiten an anerersäits dem Laboratoire de Santé. Duerfir mengen ech, datt dat an deenen Délaien, déi ee brauch, fir dee Projet ze realiséieren, wäert gemaach ginn.

Ech géif awer just wëllen drop hiweisen, datt contrairement zu deem, wat den Här Henckes hei gesot huet, net 6.000 ADN-Analyse pro Joer fir d'Justiz gemaach ginn, mä 600, dat ass also ee wesentlechen Ennerscheed,...

(Interruption)

...et ass also eng Null manner.

Mir maachen och haut schonn ADN-Analysen, déi ginn och zum Deel, zënter datt mir den Traité vu Prüm hunn, deen och an dëser Chamber approuvéiert ginn ass, iwwerpréift, wa mir ADN-Spuren hunn, ob déi net an enger auslännescher Datebank vun auslännesche Justiz- oder Policeautoritéite sinn.

Mir konnten eleng am Joer 2007 - deen Traité ass am Mee a Kraaft getrueden - zéng esou Fäll mat Däitschland klären, a mir hatten zwee ADN-Ofgläicher, déi korrespondéiert hunn zu Donnéeën aus Éisträich. Dat heescht, dee System fonctionnéiert. An och um nationalen Niveau hu mir mat den ADN-Prouwe scho fënnef Affäre bis elo kënne matenee connectéieren, wou mir virdrun net woussten, datt si géifen zesummenhänken.

D'ADN-Analysen, déi daueren och net esou laang, wéi hei gesot ginn ass. Dat hängt ganz dovunner of, ëm wéi eng Zort Affären et sech handelt. Wann et schlëmm Saache sinn - Mordfäll oder esou -, da ginn déi ADN-Analysen innerhalv vun e puer Deeg gemaach. Bei aneren Affären, déi manner urgent sinn, dauert dat heiansdo e bësse méi laang. Selbstverständlech wär ech och frou, wann dat géif nach méi séier goen. Dat ass awer net ëmmer alles esou méiglech.

Wat d'Autopsie-civilen ubelaangt, deelt de Laboratoire national de Santé mir mat, datt 19 Autopsies civiles gemaach gi sinn, also keng 800, wéi an der Question parlementaire ugin.

(Interruption)

Also, 80 sinn an der Question écrite ugin. Et sinn der 19 no den Donnéeë vum Laboratoire.

A schliesslech, wat déi zwou aner Froen ubelaangt vum Här Henckes, géif ech wëlle soen, datt mir haut schonn eng Chambre des scellés hunn. Déi ass haut a Lokaler vun der WSA a wäert och an Zukunft fir verschidde Saachen do bestoe bleiwen. Der-niewent wäert besonnesch fir ADN-Analysen en ähnleche Lokal geschafe ginn am Kader vum nationale Laboratoire de Santé.

Schliesslech deele mir och d'Meenung, datt een eng uerdentlech Morgue an deem Institut médico-légal soll schafen, fir d'Famillje vun deene betraffene Persounen och op eng würdeg Aart a Weis kënne ze empfänken.

Wann Dir erlaabt, Här President, géif de Gesondheitsminister, an deem seng Kompetenz jo de Laboratoire de Santé fält, nach e puer ergänzend Erklärunge ginn.

» M. le Président.- Selbstverständlech. Merci, Här Minister Frieden. Den Här Minister Di Bartolomeo huet d'Wuert.

Siwe Minutten a 26 Sekonnen.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu dass de Kolleeg Justizminister, de Luc Frieden, ech selwer an eis Servicer zënter 2005 an enkem Kontakt matenee waren, fir eis zukünfteg Médecine légale vun Ufank u gemeinsam ze plangen, kann ech ganz kuerz sinn.

Just e puer Informatiounen zu Feelinterpretatiounen, déi vläicht aus de Froe vum Jacques-Yves Henckes kéinten erausgoen.

Et ass net esou, dass mir am Moment virum Näischt stinn. Zum Beispill d'Toxicologie légale fonctionnéiert exzellent ënnert der Responsabilitéit vum Laboratoire national de Santé. Do hu mir eng laang Erfahrung a schaffe ganz exzellent mat anere Referenzlaboen zesummen. Dat heescht, deen éischte Pilier vun deenen dräi Piliere vun enger Médecine légale fonctionnéiert ganz gutt.

Deen zweete Pilier, dee vun den ADN-Analysen, si mir amgaangen opzebauen. Mat Ennerstëtzung vum Bauteminister, dem Clause Wiseler, ass et eis méiglech, an deenen nächste Méint e moduläre Bau niewent dem Laboratoire national de Santé opzebauen an an enker Zesummenaarbecht mat engem spezialiséierten Institut vu Stroossbuerg déi doten Aktivitéit opzebauen.

Wat elo d'Autopsien ugeet, do musse mir e bësse méi laang waarden. Mir sinn eis iwwer de Konzept eeneg, mä, wann déi zweet Phas vum LNS fäerdeg ass, déi a Planung ass, da kënne mir en eegestännege Service opbauen, deen och fir d'Autopsien zoustänneg ass.

Ech ënnersträichen allerdéngs, dass mat där Zuel vun Autopsien, déi mir zu Letzebuerg hu souwuel an deem Beräich, deen Dir erwähnt hutt, wéi am zivile Beräich, mir net genug Autopsien hunn, fir op Dauer kënne mat där beschtméiglecher Konsequenz ze schaffen, sou dass mir Intérêt hunn, eis an auslännesch Réseauen ze integréieren. Dat wäerte mir och maachen, fir weiderhin Austausch kënne ze maachen, vun deene spezialiséierten Instituter a Richtung Lëtzebuerg a vun eis a Richtung spezialiséiert Instituter am Ausland.

D'Konklusioun ass also déi heiten: Déi Froen, déi den Här Henkes opgeworf huet, stoussen eigentlech bei der Regierung op-pen Dieren op, well mir zënter 2005 amgaange sinn, dat doten ze preparéiere Stéck fir Stéck. Deen éischten Drëttel steet, deen zweeten ass a Planifikatioun an dee leschten Drëttel wäert mat der Fäerdegstellung vum Laboratoire national de Santé zu Diddeleng ofgeschloss sinn.

Villmols Merci.

» M. le Président.- Den Här Henckes huet nach eng Zousazfro, obscho seng Zäit eriwwer ass. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech soen de Membre vun der Regierung Merci fir déi Äntwerten, déi si mir ginn hunn. Ech mengen, mäin Zweck war, fir den Dossier ze aktualiséieren a fir de Point ze maachen.

Wat déi eenzel Donnéeën ugeet vun den ADN-Analysen, ass et esou, datt effektiv nëmmen eng 600 gemaach ginn am gerichtleche Kader. Mä da kommen nach all déi zivilrechtlech, déi genetesch, medezinesch, etc. derbäi. Dat heescht, et ass vill méi. Ech hat e bësse iwwerall doruechter gefrot, fir déi Donnéeën zesummenze-kreien. Mä vu datt näischt nirgendwou schwaarz op wäiss steet, sinn ech awer frou, datt mir weinstens fix Donnéeën hunn, wat alleguerten déi ADN-Analysen ugeet, déi mat de Gerichter ze dinn hunn. Ech si frou, datt mer doriwwer weinstens Kloerheet hunn.

Déi zweet Saach, déi ech och feststellen, dat ass, datt d'Regierung seet, datt munches amgaangen ass. Dat ass positiv.

Déi eenzeg Fro, meng Zousazfro, déi geet just nëmmen drëm, ob et net méiglech ass, datt alleguerten déi Capacitéiten, déi mir hunn an déi do sinn an déi sech nach solle verbessern, datt déi och en équipe zesummeschaffen, anstatt datt - op Basis vun den Informatiounen, déi ech elo kritt hunn - jiddferen eleng schafft. Zum Beispill geet d'Police eleng op eng Scène de crime, net mat engem Médecin légiste oder mat engem Dokter zesummen, bei Sexualverbrechen geet iergendeen Dokter, e Generalist do Constaté maachen, ouni datt en awer onbedéngt...

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Här Henckes, Dir musst zum Schluss kommen!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Sou datt meng Iddi war, fir eng besser Kolaboratioun ënnert deenen eenzelne Komponenten ze erreechen.

(Interruption)

» M. le Président.- Wëllt d'Regierung nach eng Kéier dozou Stellung huelen?

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Mir si ganz frou, dass den Här Henckes honnertprozenteg op där Linn ass, déi d'Regierung souwisou ageleet huet. Selbstverständlech soll dat regroupéiert ginn a selbstverständlech gëtt dat koordinéiert, soss hätt dat Ganzt jo kee Sënn.

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

(Interruptions diverses)

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour. Dat sinn d'Ännerungsvirschléi iwwert d'Artikelen 10 an 9, éischten Alinea, vun der Verfassung. Béid Propositione ginn an enger Diskussioun behandelt.

Bei der Ofstëmmung ass laut dem Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert, an de Vote par procuration ass net erlaabt. Duerfir géif ech lech bieten, lech dorobber anzestellen.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, déi Häre Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vu béide Propositionen, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.



3. 5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution

5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1<sup>er</sup> de la Constitution

Rapports de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

» M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi wichteg Ännerungen an der Gesetzgebung iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit, déi nach an dësem Joer vun der Chamber gestëmmt solle ginn, fänken haut u mat der éischter Ofstëmmung iwwert d'Artikelen 9 an 10 vun eiser Verfassung.

Déi zwee Artikelen, déi bal onverännert bliwwen sinn zënter 1848, kann een eigentlech an dräi Sätz zesummeffaassen, esou wéi se elo an der Verfassung verankert sinn:

1) Lëtzebuenger ginn duerch Naturalisatioun ass nëmme méiglech duerch e Gesetz.

2) All Bestëmmungen am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit ginn duerch Gesetz geregelt.

3) D'Prozesser am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit gehéieren an de Kompetenzberäich vun den Zivilgerichter.

Vun deenen dräi Bestëmmungen aus eiser Verfassung soll eng bestoe bleiwen, eng soll ofgeschaaft ginn, an eng drëtt gëtt ofgeännert.

De Prinzip, dass all Bestëmmungen am Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit duerch Gesetz geregelt ginn, bleift och an Zukunft bestoen.

D'Aart a Weis an d'Bedéngungen, wéi een d'Lëtzebuenger Nationalitéit ka kréien, wéi ee se behält a wéi ee se ka verléieren, musse weiderhin ausschliesslech duerch d'Gesetz geregelt ginn.

D'Bestëmmungen iwwert déi Lëtzebuenger Nationalitéit bleiwen also och an deem neien Artikel 9 vun der Verfassung eng Matière, déi ganz dem Gesetz virbehalen ass.

Ofgeschaaft gëtt d'Bestëmmung vun der Verfassung, déi virgesäit, dass d'Naturalisatiounen eng Prerogativ vum Pouvoir législatif sinn. Well d'Naturalisatioun nom Artikel 10 vun der Verfassung nëmme méiglech war duerch e Gesetz, oder nëmme méiglech ass duerch e Gesetz, muss och d'Prozedur agehale ginn, wéi se beim Gesetz virgesinn ass. Dat heescht: d'Noutwendegkeet vun Avis vum Statsrot; no dem Vote vun der Chamber d'Sanktioun an d'Promulgatioun duerch de Grand-Duc, an d'Publikatioun am Mémorial.

D'Naturalisatiounen hunn och d'Effetë vun engem Gesetz, dat heescht, d'Naturalisatiounen, d'Entscheidung, fir eng Lëtzebuenger Nationalitéit ze ginn oder fir se ze refu-

séieren, ass e souveränen Akt vun dem Gesetzgeber.

Obschonn d'Naturalisatioun en individuell Akt ass, kann awer doduerch, dass deen Akt duerch e Gesetz realiséiert gëtt, déi Persoun, wann hir Demande ofgewise gëtt, net bei e Geriicht kloer goen.

Si kann net virun engem onparteieschen an onofhängege Geriicht hir Demande, fir Lëtzebuenger ze ginn, virdroen an ënnersiche loosse, ob déi gesetzlech virgesinne Bedéngungen agehale goufen.

No den international geltende Rechtsregele kann een dat als e Manktum ugesinn. Et entsprécht och net den heitegen Opfaassunge vun engem Rechtsstat, dass ee bei esou enger wichtiger Fro wéi där vun der Nationalitéit, wat eng individuell Décisioun ass fir deen Eenzelnen, keng Méiglechkeet hätt, fir seng Cause virun engem onofhängege Geriicht virzedroen.

Duerfir war d'Verfassungskommissioun zesumme mat der juristescher Kommissioun der Meenung, et sollt een d'Entscheidung vun der Lëtzebuenger Nationalitéit deem zoustännege Minister aus der Regierung iwerloossen. Domat ginn all d'Entscheidung- en Zesummenhang mat der Lëtzebuenger Nationalitéit individuell, administrativ Entscheidungen, déi bei enger Oflehnung vum zoustännege Geriicht contestéiert kënne ginn.

Dat bedeit fir deen Eenzelnen, deem seng Demande ofgelehnt ginn ass, eng zousätzlech juristesche Garantie. Fir de Bierger, deen duerch Naturalisatioun Lëtzebuenger wëllt ginn, ass dat e wesentleche Fortschritt.

Et gëtt en zweet Argument, fir aus der Naturalisatioun eng administrativ, individuell Entscheidung ze maachen: Déi gesetzlech Prozedur ass duerch déi verfassungsméisseg operluechte Contrainten net ganz rapid. Eng administrativ Entscheidung ka méi séier goen. Duerfir ass an deem neien Text iwwert d'Lëtzebuenger Nationalitéit, deen nach an dësem Joer misst gestëmmt ginn, en Délai vun aacht Méint virgesinn, bannescht deem de Minister seng Entscheidung muss huelen. Och dat ass e Virdeel fir deen, dee Lëtzebuenger wëllt ginn.

Aus all deene Grënn war d'Verfassungskommissioun der Meenung, dass een déi Prerogativ vum Gesetzgeber, fir d'Naturalisatioun virzehuelen, sollt opginn. Dat Zil kann awer nëmmen erreecht ginn duerch d'Abrogatioun vum Artikel 10 vun der Verfassung.

Ech maachen och hei drop opmierksam, dass an den europäesche Länner, ausser der Belsch, keen anert Land déi do Prerogativ dem Gesetzgeber virbehalen hat.

D'Décisioun, fir den Artikel 10 ofzeschaffen, ass an der Kommissioun mat enger ganz grousser Majoritéit geholl ginn. Duerfir kann ech der Chamber och virschloen, den Text iwwert d'Ofschafe vum Artikel 10 vun der Verfassung esou unzehuelen, wéi d'Kommissioun dat proposéiert huet.

Den Artikel 9 vun der Verfassung gëtt nëmme liicht ofgeännert. Et ass deen Artikel, dee virgesäit, viru wéi ee Geriicht ee ka kloer goen, wann et sech ëm Problemer vun der Lëtzebuenger Nationalitéit handelt.

Am éischte Saz steet nämlech dran, dass alles, wat am Zesummenhang steet mat der Acquisitioun a mat dem Verlëiere vun der Lëtzebuenger Nationalitéit, vun der Loi civile geregelt gëtt. Duerfir proposéiert d'Verfassungskommissioun och, am éischte Saz dat lescht Wuert „civile“ ze sträichen.

Déi Ofännerung erlaabt et, dass mam neien Nationalitéitsgesetz all d'Prozesser am Zesummenhang mat der Uwendung vun deem neie Gesetz an den Zoustännegkeetsberäich vun den administrative Gerichter ka verwise ginn. D'Prozedur, déi am Zesummenhang mat der Zouerkenntnis oder der Oferkenntnis vun der Lëtzebuenger Nationalitéit geregelt gëtt, kann domat als eng administrativ Prozedur ugesi ginn.

De Statsrot, dee mat de Revisiounen vum Artikel 9 an 10 d'accord war, huet a sengem Avis déi Argumentatioun, fir déi ganz Prozesser virun d'administrativ Gerichter ze bréngen, unerkannt. En huet allerdéngs drop higewisen, dass ee genee misst ënnerscheeden, ob déi Prozesser am direkten Zesummenhang si mam Nationalitéitsgesetz, oder awer aner Prozesser, déi am Zesummenhang sti mam État civil. Do huet en also en Distinguo gemaach, an ech mengen, deen Distinguo ass och richtig.

De Conseil d'État, fir seng Argumenter a Richtung vun der Kommissioun ze ënnerstëtzen, huet dann awer och drop higewisen, dass d'Naturalisatioun als déi lescht Etapp vun engem anere Statut, deem vun Auslänner, kann ugesi ginn. A well all Décisiounen, déi am Zesummenhang mat dem



Ausländerstatut stinn, an d'Kompetenz vun den administrative Juridiktione falen, huet de Conseil d'État gemengt, et kéint een dann och déi Proposition, déi d'Commission juridique an d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle gemaach hunn, esou unhuelen.

Ech wëll dann ofschléissend nach drop hiweisen, dass bei den Aarbechten iwwert d'Revisioun vun den Artikelen 9 an 10 vun der Verfassung och e Bléck geworf ginn ass op d'Proposition de révision N°4811, déi am Joer 2001 vun der Madame Renée Wagener deponéiert ginn ass. Duerch de Vote, dee mir haut virhuelen, gëtt déi Proposition natierlech hifälleg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Revisioun vun den Artikelen 9 an 10 vun eiser Verfassung huet an der zoustänneger Verfassungskommission eng grouss Zoustëmmung fonnt. Duerfir froen ech och d'Chamber, déi zwee Artikelen esou ze stëmmen, wéi d'Kommission dat virgeschloen huet.

Ech mengen, ech kéint och hei den Accord vu menger Partei zu deenen doten Ofännerunge bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. D'Madame Flesch huet d'Wuert fir DP-Fraktion.

*Discussion générale*

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, léif Kollegeen, et geet also hei ëm zwou Propositionen, fir ons Verfassung ze änneren. Zwou Propositionen, déi, wéi de Rapporteur et gesot huet, direkt verbonne si mam Projet de loi iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit, deen de Moment an der Aarbecht ass an der Commission juridique.

Déi éischt Proposition, déi am Dokument 5595 steet, geet drop eraus, den Artikel 10 vun onser Constitution ofzeschaffen, deen Artikel, dee virgesäit, esou wéi dat och an der belscher Constitution virgesinn ass, dass d'Naturalisatioun duerch de Pouvoir législatif accordéiert gëtt.

Wéi de Rapporteur et gesot huet, sinn d'Belsch a mir déi eenzeg Länner an Europa, déi esou eng Disposition hunn. Et kéint ee sech och éischter schlecht virstellen, wéi an engem Land wéi Däitschland oder Frankräich all Naturalisatioun misst zu engem Gesetzestext ginn.

Also, mir ginn elo doduerch, dass mir op d'Procédure administrative ginn, ee Wee an, deen an anere Länner säit ganz laanger Zäit besteet.

D'Dokument 5672, wat amendéiert ginn ass en fonction vum Avis vum Conseil d'État, gesäit vir, dass d'Contestatione bei den Décisiounen iwwert d'Nationalitéit an de Beräich vum Gesetz falen, mä net an de Beräich vun der Loi civile. Dat Wuert „civile“ gëtt also am Artikel 9, Alinea 1 vun onser Verfassung gestrach, an da muss natierlech och d'Kompetenz un d'Juridiction administrative goen. De Conseil d'État war der Meenung, dass den Artikel 85 vun onser Verfassung duergeet, fir dat sécherzestellen.

Wann een elo en termes de technique législative iwwert déi zwou Verfassungsännerungen nodenkt, da seet ee sech, et ass am Fong einfach, et geet drëm, een Artikel ze sträichen an an engem Alinea vun engem aneren Artikel ee Wuert ze sträichen.

Mä nach muss ee wëssen, woufir, an nach muss ee wëssen, wat dann d'Konsequenze sinn. A wéi gewéinlech huet onse Rapporteur mat exzellente Wieder, souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport elo hei, drop higewisen, wat gewollt ass a wat d'Konsequenze si vun deenen u sech einfache Modifikatiounen, déi mir an onser Constitution haut sollen an éischter Liesung virhuelen.

Ech wëll och gläich dobäi soen, dass ons Fraktioun wäert déi zwou Propositionen, esou wéi se vun der Kommission virgeluecht si ginn, stëmmen.

An deem Mooss, wou elo d'Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit eng Prerogativ vum Pouvoir législatif war an ass, war et esou, wéi de Rapporteur et gesot huet: Wann d'Décisioun emol bis gefall war, war kee Recours méi méiglech.

Wann dat am 19. Jorhonnert vläicht nach virstellbar war, dann ass et evident, dass mir haut net méi kënne mat esou enger Situation liewen, wéi de Rapporteur et ganz gutt a sengem schrëftleche Rapport geschriwwen huet: «...dans une société respectueuse des droits fondamentaux chacun doit avoir le droit de porter, en toutes circonstances, sa cause devant une juridiction indépendante et impartiale.»

Et ass also dofir, dass proposéiert ass am Projet de loi 5620 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit, dass bei der Naturalisatioun eng Procédure administrative an Zukunft soll virgesi ginn, déi dann natierlech engersäits ënnert d'Kompetenz vum Ministre de la Justice fält, mä bei där bei den administrativen Juridiktioneen eng Possibilitéit vu Recours soll bestoen. Dofir, am Zesammenhang also mam Nationalitéitsgesetz, wéi et am Projet elo virun ons läit, gëtt elo hei proposéiert, an éischter Liesung den Artikel 10 vun onser Verfassung ofzeschaffen.

Wéi scho gesot, wann d'Naturalisatioun elo enger administrativer Prozedur ënnertläit, ass et kloer, dass d'Recoursen effektiv musse de Juridictions administratives uvertraut ginn, an an engem Souci vun - géif ech soen - Kohärenz, ass dann och proposéiert, dass an Zukunft den Ensembl vun de Contestatiounen, déi mat der Nationalitéit ze dinn hunn, mä net mat aneren Akte vum État civil, wéi de Rapporteur et zu Recht ervirgehuewen huet, bei der Juridiction administrative läit.

An deem Zesammenhang ass also hei elo proposéiert, einfach an der Verfassung virzegesinn: «...que les règles sont fixées par la loi.» Full stop. Dann erméiglecht, wéi scho gesot, den Artikel 85 vun der Verfassung, dass d'administrativ Juridiktione befaasst ginn, wann e Recours introduzéiert gëtt.

De Rapporteur huet op deenen enken Zesammenhang tëschent deenen zwou Verfassungsrevisiounen, déi mir haut virhuelen, an dem Nationalitéitsgesetz higewisen. An e schreift: «...la législation sur la nationalité s'inscrit dans la continuité d'une politique volontaire d'intégration politique et sociale d'une partie croissante de résidents non luxembourgeois, permettant ainsi de garantir une meilleure cohésion sociale de la population.» Enn vum Zitat.

Ech si ganz d'accord mat him, mä ech froe mech, ob déi Volonté d'ouverture, déi hei annoncéiert gëtt, effektiv vun de Parteie vun der Majoritéit gedeelt a gedroe gëtt.

De Projet de loi iwwert d'Nationalitéit ass um gudde Wee. Bei der leschter Réunion vun onser Commission juridique leschte Mëtwoch hu mir e leschten Train vun Amendementen au point gesat mat enger ganz grousser Majoritéit. Mir hunn en Accord do fonnt, an déi Amendementë sinn un de Conseil d'État geschéckt ginn.

Zwee Punkten, awer Punkte vu fundamentaler Wichtigkeet trennen awer elo nach ëmmer d'Sprieche vun der Majoritéit vun de Sprieche vun den zwou Fraktiounen vun der Opposition. Déi zwee Punkte betreffen d'Residenzdauer an d'Sproochekenntnisser, déi vun deene verlaangt ginn, déi wëlle Lëtzebuerger ginn.

Déi zwou Ofstëmmungen, déi haut stattfannen, si wéi scho gesot ganz enk mat der Ofstëmmung iwwert dat Gesetz iwwert d'Nationalitéit verbonnen. An am Virfeld vun deem Vote, deen am Hierscht wäert stattfannen, wéilt ech en drängenden Appel un d'Parlamentarier vun der Majoritéit riichten, de Courage vun hiren Ambitiounen ze hunn.

2001 hu mir d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit geännert an hunn d'Residenzdauer vun zéng op fënnf Joer erofgesat. D'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei duerch de Mond vum honorabelen Hér Mosar, Rapporteur deemools, a vum Här Minister Frieden hu gemengt, dass déi Reduktioun eng verstänneg Proposition war. De Minister huet souguer drop higewisen, dass déi Dauer vu fënnf Joer déi ass, déi an der Majoritéit vun de Länner vun der Europäescher Unioun gëllt. Dat ass haut och net vill anescht.

Ënnert deene Virzeeche schéngt et ons total onverständlech, wisou d'Regierung elo proposéiert, dass een d'Durée de résidence soll op siwe Joer eropsetzen.

De 24. Abrëll no der leschter Réunion vun der juristescher Kommission vun der Chamber huet d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei sech félicitéiert, dass si et fäerdeg bruecht hunn, sech ze imposéieren an där Fro, an dass de Vote, deen an der Commission juridique geholl ginn ass, majoritär en faveur vu siwe Joer gaangen ass.

D'CSV ass vläicht ze fridden, mä si brauch sech net ze mengen, well si ass derbäi, d'Rad vun der Geschicht zrëckzedréien!

» **Une voix.** - Non!

» **Une autre voix.** - Si!

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Wann d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei wierklech eng oppe Législatioun wëllt hu bei den Naturalisatiounen, wa si wëllt eng Politique

volontaire d'intégration politique et sociale hunn, da kann ech nëmme soen: Wat ass dat eng mickreg Attitüd...

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - ...a wat ass dat en aarmséilege Symbol, wann een an deemselwechten Otemzuch higeeet an d'Residenzdauer vu fënnf op siwe Joer eropsetzt!

*(Interruptions diverses)*

Duerch hir Proposition sinn d'Regierung an d'Majoritéit en porte-à-faux mat hiren eegenen Deklaratiounen, wéi de Conseil d'État et répétitif a sengem Avis iwwert d'Nationalitéitsgesetz ervirgehuewen huet.

» **Une voix.** - Non, Madame Flesch.

» **M. le Président.** - Loosst d'Madame Flesch elo hir Ausféierunge maachen!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech hunn elo vill vun der CSV geschwat, ech wëll awer och e puer Wuert iwwert d'LSAP soen.

» **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

*(Hilarité)*

» **Une voix.** - Déi sinn nach méi schlëmm!

» **Une autre voix.** - Mir kommen op d'DP, Madame Flesch.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - D'Attitüd vun der LSAP ass nach manner verständlech. 2001 huet den honorabelen Hér Fayot an der Debat hei an der Chamber gemengt, wann ee géif d'Residenzdauer vu siwen op fënnf Joer erofsetzen, da wär dat net gutt genuch. Hien hat an der Kommission derfir plädéiert, dass ee soll op eng Residenzdauer vu véier Joer iwwergoen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Wéi kann d'LSAP mat där doter Attitüd 2001 elo esou virun der CSV kapituléiert hunn, déi sech jo elo mengt - d'CSV -, dass si et fäerdeg bruecht hunn, sech ze imposéieren! Ech weess, dass den Hér Bodry, deen no mir d'Wuert kritt, mer elo wäert soen: Dat doten ass alles ee Package. An deem Mooss, wou mer elo op siwe Joer ginn...

*(Interruption)*

» **Une voix.** - Et ass wéi iwwerall: Et ass e Kompromiss.

*(Hilarité)*

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, ech schwätze vun deem Nationalitéitsgesetz, well de Rapporteur selwer drop higewisen huet, wat fir een enke Lien tëschent deenen zwou Verfassungsrevisiounen an dem Nationalitéitsgesetz besteet. Wa mir d'Nationalitéitsgesetz net virun ons leien hätten, da bräichte mer d'Verfassungsännerung net ze maachen.

Dofir wëll ech also drop hiweisen, dass den Hér Bodry mer sécherlech seet: Siwe Joer, dat ass e Package...

*(Interruption et hilarité)*

...domadder, dass mer den Délai, dee mer dem Minister an der administrativer Prozedur elo zouerkennen, op aacht Méint reduzéiert hunn. De Minister muss an aacht Méint seng Décisioun huelen.

Här President, dat ass ee spécieux Argument. D'Imposition vun engem kuerzen Délai huet näischt mat der Residenzdauer ze dinn. Mir sinn der Meenung, dass den Délai vun aacht Méint och soll gëllen, wann d'Residenzdauer fënnf Joer ass.

Woufir ass deen Délai verkierzt ginn? Well mer vun enger Procédure législative eriwir ginn an eng Procédure administrative, wou eng Partie Consultatiounen ewechfalen. Et brauch keen Avis méi vum Conseil communal gemaach ze ginn. Et gëtt keng Transmissioun vum Commissaire de district méi erfuerdert; a mir wësse wat fir Retarden dat heiansdo mat sech bruecht huet. An et gëtt och keen Avis vum Conseil d'État méi gefrot.

Doduerjer, dass déi Prozedur méi kuerz gëtt, kann ee jo natierlech dem Minister soen: Dir hutt elo een Délai, an deem Der musst kënne Är Décisioun huelen. Dat huet mat der Residenzdauer, déi den Interesséierte muss opweisen, fir kënne seng Demande anzereechen, rigoureusement näischt ze dinn.

Fir ofzeschléissen op deem Punkt, Här President - awer nëmmen op deem Punkt, ech schléissen nach net ganz of -, géif ech awer wëllen en Appel un d'Parteie vun der Majo-

ritéit riichten, dass si sollen hir Positioun bis zum Hierscht zu deem Punkt iwwerdenken, fir dass, wa mer dann hei zrëckkommen op den zweete Vote vun deenen zwee Artikelen aus der Constitution, an op deen éischte Vote vum Nationalitéitsgesetz, se dann eng aner Positioun hunn.

Den Haut Commissariat aux Réfugiés vun der UNO ass besuergt iwwert d'Augmentatioun vun deem Délai vu fënnf op siwe Joer. De Conseil d'État, d'Chambre de Commerce, all d'Gewerkschaften - ouni vun den ONGen, déi an deem Secteur tätég sinn, ze schwätzen - froen, bidden drëm, dass mer bei der Residenzdauer vu fënnf Joer bleiwen. Et wär bedauerlech, wa parteipolitesch, konservativ Considératiounen géifen dozou féieren,...

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - ...dass mer beim Vote vun dësem Gesetz géifen e falsch Signal ginn.

» **Une voix.** - Jo, dat ass schued.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Très bien, Madame Flesch!

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Wat nun d'Sproochekenntnisser betrëfft, déi jo och am Gesetz vun 2001 stinn, mä déi nach preziséiert ginn an deem Projet de loi, deen elo virun ons läit, do proposéiert d'Regierung, dass ee beim Verständnis vum Lëtzebuergeschen den Niveau B1 a bei der Expressioun vum Lëtzebuergeschen den Niveau A2 vum Cadre européen commun de référence pour les langues soll errechen.

Ëm wat geet et hei? D'Regierung seet et ganz kloer am Commentaire vun hirem Projet de règlement grand-ducal, dee se nogereecht huet am Zesammenhang mam Projet de loi iwwert d'Nationalitéit.

Am Commentaire des articles schreift d'Regierung, den Niveau A2 op Däitsch an op Franséisch entsprechen dem Niveau, deen d'Schüler mussen erreeche wa se sollen a kënne am Enseignement post-primaire opgeholl ginn. Et geet also ëm eng Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch, wat deem entsprécht, wat e Schüler muss maîtriséieren, dee sechs Joer Enseignement hanneru sech huet.

Den Niveau B1 fir d'Verständnis entsprécht am Franséischen - esou schreift et d'Regierung - dem Niveau, dee muss erreecht gi vun den Élève, vun de Schüler, déi wëllen an de Cycle moyen et supérieur vum Enseignement secondaire kommen. Dat heescht also a kloerer Sprooch: sechs Joer Primärschoul an dräi Joer Lycée.

Déi Connaissancë musse vun de Leit, déi d'Naturalisatioun beantragen, erreecht ginn. Déi Leit, déi an där Situatioun sinn, dat si meeschtens a bal ëmmer Leit, déi och berufflech tätég sinn. Wann déi Schwellwäerter, déi ech elo erwähnt hu fir d'Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch, wahrscheinlech kënne erreecht gi vun deene Leit, déi eng zolidd schoulesch Virbildung hunn an déi de préférence och nach zwou oder dräi Sproochen ausser hirer eegener schwätzen, dann ass dat awer sécher net de Fall fir all déi, déi wëllen d'Lëtzebuerger Nationalitéit beantragen. Do sinn anerer, déi déi Avantage net hunn.

Här President, mir wëllen als Demokratesch Partei sécherlech net d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch minimiséieren. Et ass e wichtige Facteur d'intégration,...

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Dir hutt virun enger Véirelstonn just de Contraire gesot.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - ...mä Här President, an domadder äntweren ech dem honorabelen Hér Wolter, mir wëllen awer net, dass déi Konditioun vun de Sproochekenntnisser zu engem inavouéierten an inavouabelen Obstacel gëtt, fir zur Lëtzebuerger Nationalitéit kënne ze kommen. Mir wëllen net, dass d'Sproochekenntnisser sollen e Facteur d'exclusion et de discrimination sociale ginn.

Dofir, Här President, plädéiere mir ganz kloer fir en Niveau A1, souwuel fir d'Verständnis wéi och fir d'Expressioun an der Lëtzebuerger Sprooch.



» **M. Michel Wolter** (CSV).- Mir wäerten eis an den nächste Méint mat de Leit do-riwwer ënnerhalen.

» **M. le Président**.- Här Wolter...

» **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, et ass schéin a richteg, mä wann esou Saache wéi déi dote gesot ginn, da soll een och notéieren, dass se esou gesot ginn am Numm vun der Demokratescher Partei.

» **Une voix**.- Hutt Dir eng Fro, Här Wolter?

» **M. le Président**.- Et gött jo e Procès-verbal gemaach. Ech géif elo bieden, d'Madame Flesch hir Ausféierunge maachen ze loossen.

» **Mme Anne Brasseur** (DP).- Et ass net wéi den Här Mosar gemengt huet, fir ze soen, mir wëilten net, dass ee misst Lëtzebuergesch kënnen, fir Lëtzebuerger ze ginn. Dat ass net wouer! Et misst een den Niveau A1 hunn. An et ass dat, wat preziséiert ginn ass, fir dass och Leit, déi net déi héich Bildung hunn, och däerfen ons Nationalitéit kréien.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. Laurent Mosar** (CSV).- D'Madame Brasseur huet d'Madame Flesch jo elo nach eng kéier confirméiert.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président**.- Jo lauschtert, mir hunn awer hei keng Poterstonn, wou jiddferree ka soe wat hie wëllt! D'Wuert huet d'Madame Flesch a soss keen. Madame Flesch, fuert virun, wann ech gelift!

(Interruption et hilarité)

Här Jaerling, et ka jiddferree sech hei zu Wuert mellen, mä et geet elo duer. Madame Flesch, wann ech gelift.

» **Mme Colette Flesch** (DP).- Här President, ech deelen dem Här Wolter seng Meenung! Ech wënschen, dass dat, wat ech elo hei gesot hunn, textuell festgehale gött, well mir stinn zu deem, wat mer soen. An ech weess, Här President, dass dat effektiv de Fall ass, well ech hu Confiance an d'Secrétariat général vun der Chamber, dass an dëser Geleeënheet wéi bei allen anere fidèlement e Bericht vun deem gemaach gött, wat haut an dëser Sitzung gesot ginn ass.

Här President, mäin Appel un d'Kolleege vun der CSV a vun der LSAP - zwou Parteien, déi dat Wuert „sozial“ an hirem Firmeschëld droen - am Virfeld vun der Diskussioun am Hierscht ass, se ze froen, si sollen dach hirem Häerz an hirem soziale Gewëssen an deenen zwou Froen nogoen.

Här President, fir ofzeschléissen nach eng Remarque, déi awer guer näischt mat deem ze dinn huet, wat ech bis elo gesot hunn. De Rapporteur huet drop higewisen, dass déi Décisiounen, déi mer haut huelen, ganz enk mam Gesetz iwwert d'Nationalitéit zesumenhänken.

Mir stëmmen haut déi Verfassungsännerungen an éischter Liesung. Duerno, wann dat geschitt ass, muss vun der Säit vun der Chamber a vum Conseil d'État an engem gewësse Sënn eng Auerméchersaarbecht gemaach ginn, fir derfir ze suergen, dass déi Texter zäitlech an der richteger Concordance iwwert d'Bühn ginn, fir dass se och kënnen normal an uerdentlech applizéiert ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, dass de Conseil d'État sech däers bewosst ass. Ech weess, dass d'Chamber an d'Commission juridique sech däers bewosst sinn. Mir hu schonn driwwer geschwat a mir hunn d'Modalitéiten definiert, wéi dat soll viru sech goen. Nach ass dat eppes, wou mer musse Suerg derfir droen, dass dat zäitlech och richteg iwwert d'Bühn geet.

Här President, ech wëll ofschléissend nach eng kéier ënnersträichen oder bestätegen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert deenen zwou Propositions de révision vun onser Constitution, déi haut ustinn, hiren Accord ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Alex Bodry.

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Wann den Här Wolter draschwätzt, geschitt guer näischt.

» **M. le Président**.- Här Jaerling, schreift lech an, wann Der wëllt d'Wuert ergräifen.

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Dat hunn ech gemaach, Här President.

» **M. le Président**.- Dann ass et gutt. Da packt lech elo ee Moment. Et ass geschwënn esou wäit.

(Hilarité)

Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Alex Bodry** (LSAP).- Merci, Här President. D'Madame Flesch huet sech schonn e bësse waarm gelaf fir déi Diskussiounen, déi mer héchstwahrscheinlech wäerten am Oktober dëst Joer hei am Parlament hunn, wann iwwert de Projet de loi iwwert d'Nationalitéit wäert diskutéiert ginn.

Effektiv besti Lienen tëschent där Revisioun hei an deem neie Gesetz. Nach wëll ech awer drop hiweisen, och wa mer deen heiten Text änneren esou wéi proposéiert, dass dann awer eis bestehend Gesetzgebung voll kéint a Kraaft bleiwen. Dat heescht, wa mir deen heiten Akt setzen - éischt Lecture, zweet Lecture - an d'Verfassung esou ëmännere wéi et hei proposéiert ass, musse mer eis Gesetzgebung iwwert d'Nationalitéit net änneren. Dat ka parfaitement weider esou fonctionnéiere wéi bis elo.

Nach si mer eis alleguerten eens, dass mer eng Reform wëlle maachen, wou an eisen Aen - dat soen ech ganz kloer - den essenzielle Punkt net d'Fro ass vu fénnef oder siwe Joer, oder och net onbedéngt deen ass vun der Sprooch, mä den essenzielle Punkt, dee groussen Duerchbroch an där Reform ass, dass et méiglech gött, Lëtzebuerger ze ginn oder Lëtzebuerger ze sinn an derniewent nach eng aner oder méi Nationalitéiten ze hunn.

Dat ass eigentlech dee groussen Duerchbroch, dee mat deem Gesetz do geschitt. Dat huet eis Partei scho laang gefrot. Ech sinn e bësse paff, dass d'Vertriederin vun der liberaler Partei hei esou hardi Lektounen ausdeelt. Grad hir Partei huet laang gezéckt, fir deen dote Wee ze goen. An hirem Wahlprogramm vun '99 wäert Der keng Spur dovunner fannen. Si hu sech och eréischt am Laf vun der leschter Legislaturperiod duerchgerongen, fir op deen dote Wee kënnen matzegoen.

Mä loosse mer haut iwwert dat diskutéieren, wat op der Dagesuerdning ass.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat ass eis Verfassung op engem wesentleche Punkt: der Fro vun der Nationalitéit. Mir hunn eng Particularitéit hei zu Lëtzebuerg an eiser Verfassung. Et sinn nëmmen déi Belsch an Europa, déi datselwecht hunn. Déi zwou Bestëmmungen hunn och deeselwechten Ursprong, nämlech déi belsch Verfassung vun 1831.

Dat ass, dass zu Lëtzebuerg net nëmmen an der Verfassung steet, wat praktesch an allen anere Verfassungen an Europa steet - dass d'Fro vun der Nationalitéit en Domaine réservé vum Gesetz ass, dass also d'Gesetz d'Konditiounen fixéiert, wien d'Nationalitéit vun engem Stat kritt -, mä mir sinn hei zu Lëtzebuerg wéi d'Belsch méi wäit gaangen a mir hunn och Regele vum Fong an de Verfassungstext erageschriwwen.

Et gött gesot, dass d'Naturalisatioun en Akt muss si vum Pouvoir législatif. Also, d'Parlament leet net nëmmen iwwer ee Gesetz d'Konditiounen fest, mä d'Parlament hält selwer Décisiounen am Kader vum Accès zur Lëtzebuerger Nationalitéit. Dat ass schonn eppes relativ Aussergewöhnlech an eisem System, well dat och nach iwwer e Gesetz geschitt.

Dat heescht, déi Décisioun vun der Chamber - wat jo awer eng individuell Décisioun ass fir jiddferreen, deen déi Nationalitéit zougesprach kritt -, deen Akt huet déi materiell Form vun engem Gesetz. E Gesetz ass normalerweise nëmmen do, fir allgemeng Bestëmmunge festzleeën. Et ass also eng relativ cocasse Vermëschung vu Konzepter, déi am Lëtzebuerger an am belsche Rechtswiese bestinn.

Hei maache mer e Schratt zur Normalitéit, wa mer déi dote Bestëmmungen ofänneren an an Zukunft just nach soen, dass d'Froe vun der Nationalitéit iwwert d'Gesetz gere-

gelt ginn. Dir gesitt, dass dat also e Punkt ass, wou d'Gesetz muss Konditiounen festleeën.

Dat heescht also an engem Rasonnement a contrario, dass d'Exekutiv - d'Regierung oder de Grand-Duc - keng direkt originaire Kompetenzen en matière vun den Nationalitéiten huet. Si huet à la rigueur eng Compétence d'attribution, wann d'Gesetz hir déi zousprécht. Dat ass also eng ganz grouss Nuance, op déi ee muss oppassen.

Wat opfällt, dat ass, dass eisen Text, deen aus de Joren 1848 an 1856 staamt zu engem ganz groussen Deel, eng Referenz mécht op den Droit civil. Geduecht domadder ass de Code civil. D'Erklärung ass, dass fréier am Code civil déi wesentlech Bestëmmungen iwwert d'Nationalitéite verankert waren. Dat ass awer zënter engem Gesetz vun 1934 net méi de Fall. Zënterdeem besteet e Spezialgesetz. Eenzel Artikelen aus dem Code civil sinn einfach abrogéiert ginn.

Et besteet awer nach een Artikel. Dee misste mer och mat ofänneren, vläicht am selwechte Siess, wa mer elo un d'Nationalitéitsgesetz kommen; an zwar den Artikel 7, deen nach ausdrécklech eng Referenz op d'Loi constitutionnelle mécht.

An deem Sënn, wou awer an der Loi constitutionnelle keng Règle de fond méi drasteet, ergëtt déi Referenz vum Code civil op d'Constitution och kee Sënn méi. Ech géif also hei proposéieren - et ass mer opgefall wéi ech meng Interventioun préparéiert hunn -, dass mer am Zesummenhang vum Nationalitéitsgesetz och vläicht géife profitéieren, fir eng punktuell Modifikatioun vum Artikel 7 aus dem Code civil virzehuelen, well eng Referenz op d'Loi constitutionnelle an deem Zesummenhang elo mat deem neien Text kee richtege Sënn méi ergëtt. Mä dat ass jo eng Fro, déi mer nach kënnen weider an den zoustänneg Kommissiounen diskutéieren.

D'Fro stellt sech, firwat a ville Länner vun der Nationalitéit gesot ginn ass: Dat ass eng Fro, déi muss iwwer Gesetz geregelt ginn. Sécherlech, well et e wichtege Domän ass, well et d'Relatiounen definéiert tëschent dem Bierger an dem Stat, a well nach eng ganz Rëtsch vu Rechter a Flichten hänken un där Qualitéit vu Lëtzebuerger oder vun nationalem Bierger.

Ech wëll awer hei och vläicht zitéieren, well dat ganz interessant ass, wat am 19. Jorhonnert d'Beweggrënn waren, fir esou eng Bestëmmung an d'Verfassung ze schreiwen. Ech wëll hei kuerz de Professer Thonissen zitéieren. E belsche Professer, deen a sengem Wierk iwwert déi belsch Constitution aus dem Joer 1879 zwee Grënn uginn huet, firwat d'Verfassung an der Belsch - a mir hunn déiselwecht Bestëmmung - virgesäit, dass dat doten eng Fro ass, déi muss iwwer e Gesetz geregelt ginn, wou also de Pouvoir législatif Zoustännegkeeten huet.

Den éischte Grond ass - ech zitéieren -: «Il ne fallait pas permettre que les étrangers vinssent, sans l'agrément des représentants de la nation, prendre une part des avantages que celle-ci s'est acquis au prix de travaux, de luttes et de sacrifices séculaires»; an zweetens - an dat ass den Haaptgrond -: «Il ne fallait pas surtout mettre à la disposition du pouvoir exécutif un moyen sûr et commode d'élever à des emplois lucratifs des étrangers qui s'attireraient ses faveurs par des complaisances peu honorables.»

D'Suerg war sengerzäit do fir ze verhënnern, dass iwwer Regierungsdécisiounen Leit géifen d'Nationalitéit kréien, déi eigentlech keng richteg Mériten hätten an dann och op bestëmmte Plazen am Stat géife gesat ginn. Dat war de Rasonnement, deen am Ufank vum 19. Jorhonnert derzou gefouert huet, firwat iwwerhaupt déi Disposition do an déi belsch respektiv dann duerno an déi Lëtzebuerger Verfassung iwwerholl ginn ass.

Interessant ass - och dorop sinn ech gestouss bei menger Recherche -, dass et sengerzäit an deem éischten Nationalitéitsgesetz an an der Belsch speziell Bestëmmunge gi si fir d'Awunner vu Lëtzebuerg a vu Limburg. Also déi, déi eng Zäit um Territoire vun der Belsch gewunnt hunn, hu Facilitéite gemaach kritt, fir kënnen déi belsch Nationalitéit bäizebehalen. Och dat ass interessant ze gesinn, wann een e bëssen historesch op dat Ganzt ze schwätze kënnt.

Ech wëll also soen, dass mir als sozialistesche Fraktioun frou sinn, dass mer déi heite Modifikatiounen virhuelen, well dat elo dach awer Dieren opmécht, fir eng Rei vu Reformen am Nationalitéitsgesetz ze maachen, déi mir och als Partei scho laang gefuerdert hunn.

Mir hunn eis ëmmer an deene leschte Joren ausgeschwat fir eng Vereinfachung a fir eng Beschleunegung vun de Prozeduren, fir Lët-

zebuerger ze ginn, well mer der Meenung waren, dass et kaum ze rechtfertegen ass, dass esou Prozeduren oder Naturalisatiounen haut hei zu Lëtzebuerg - dat wësse mer alleguerten - alt dräi Joer an nach méi daueren. Dat ass mat engem normale Fonctionnement vun enger Verwaltung net ze rechtfertegen.

Mir hunn eis och ëmmer ausgeschwat fir d'Aféierung vun engem Rekursrecht géint d'Décisiounen, déi den Erwerb oder d'Oflehnung vum Erwerb vun der Nationalitéit betreffen. Et ass haut an engem moderne Rechtsstat net ze erklären, dass et Akte gött, déi déi direkt individuell Rechter a Fräiheete vum eenzelne Bierger betreffen, déi guer kenger Kontroll vun onofhängege Gerichter géifen ënnerleien, déi also och kéinten Arbitrairé sinn.

Dat ass net méi hinzehuelen. Duerfir ass et nëmmen normal, dass een haut seet: Neen, loosse mer op de Wee goe vun normalen administrativen Décisiounen, mat alle Garantien, déi dat fir den eenzelne Bierger mat sech bréngt. Mä loosse mer awer och parallel derfir suergen, als Législateur, well dat bleift jo eis grondleeënd Kompetenz, dass mer déi Konditiounen, déi Prozeduren esou prezis definéieren an eisem Gesetz, fir dass et och kloer ass, wéi d'Administratioun, wéi den zoustänneg Minister a wéi herno d'Gerichter déi gesetzlech Bestëmmungen ze interpretéieren hunn.

Eis geet et och als LSAP drëm, dass mer méi Rechtssécherheet a Rechtsgarantien an dee ganze System vun der Acquisitioun...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...vun der Lëtzebuerger Nationalitéit era-kréien.

Dës Revisioun ass geduecht als Virstuf zu enger méi grondleeënd Reform vun eisem Nationalitéitsgesetz. Mir als Sozialiste gesinn dat als eng Weiterentwécklung vun eisem Recht op deem dote Punkt a virun allem zu engem ganz wichtege - géif ech soen - qualitative Sprong, andeem mer hei zu Lëtzebuerg endlech vun engem Recht vun der Lëtzebuerger Nationalitéit eriwerginn an e Recht op eng Lëtzebuerger Nationalitéit no prezise Bedéngungen, déi d'Verwaltung ze respektéieren huet an déi herno ënnert der Kontroll vun onofhängege Gerichter stinn. Mir mengen, dass dat soll déi Verwaltungsgerichtsbarkeit sinn, déi d'Kompetenz an deem dote Beräich kritt.

Mir sinn och der Meenung, dass dat, wat elo um Dësch läit, zu méi Rechtssécherheet an zu méi Rechtsgarantié féiert. Mir begrëssen och Ouverturen, déi gemaach sinn. Dat ass fir eis de wesentlechen Duerchbroch am Beräich vun Duebel- a vu Plurinationalitéiten.

Mir kommen do vu wäit hier. Et ass nach net esou laang hier: Virun 20, 30 Joer war et. Et si jo Konventiounen sengerzäit gemaach ginn, fir ze verhënnern, dass ee kéint méi wéi eng Nationalitéit hunn. No an no hu mer do éischt Upassunge gemaach. Mir sinn elo och do beim vollen Duerchbroch, wou mer eigentlech e bëssen eng aner Konzeption vun der Nationalitéit amgang sinn an eis Législatioun anzeféieren.

Et ass och duerch e Virstouss, deen an der Kommissioun gemaach ginn ass, eng kleng Ouverture zousätzlech hei an deen Text erakomm, wat „ius soli“ ubelaangt, wou eigentlech elo Leit aus der drëtter Generatioun automatesch déi Lëtzebuerger Nationalitéit kréien. Och dat ass awer ee Punkt, deen een däerf positiv an där Diskussioun hei ervirsträichen.

Mä eppes ass selbstverständlech, wann een op d'Entwécklung vun deene leschten 100 Joer hei zu Lëtzebuerg an och an anere Länner zrëckkuckt: Dat hei ass e Prozess. D'Fro, wien d'Nationalitéit vun engem Land huet, ass eng Fro, déi ni definitiv geregelt gouf an déi ofhängeg ass vu gesellschaftlechen Entwécklungen a vun historeschen Evénementen.

Et ass evident:

- dass, wann een eng Analys mécht vun deene ville Gesetzgebungen, ee mierkt, dass a Krisen-, a Krichs- an an Nokrichssituatiounen - duerfir ass d'Reform jo och 1948 hei zu Lëtzebuerg komm - et ëmmer erëm nei Iwwerleeunge gi par rapport zu enger Nationalitéit;

- dass d'Fro vun der demographescher Entwécklung hei matspillt. Iwwerleeunge wéi ee seng Gesetzgebung an deem dote Punkt orientéiert, an

- dass et och d'Froe si vum Wonsch no Integratioun, déi matspillen, fir vläicht op nei Weeër ze goen an deem dote Beräich.



Esou dass ee Fluktuatioune feststellt iwwert déi lescht 80, 100 Joer; och hei zu Lëtzebuerg. Bal ass et méi opgaangen, bal ass et méi zougaangen, jee nodeem wéi eben déi gesellschaftlech Stëmmung war. Nach mengen ech, dass mer amgaang sinn hei awer e Schratt ze preparéieren, deen insgesamt an déi richteg Richtung geet, och wann ee selbstverständlech Divergenze behält an der Appréciatioun vun eenzelne Punkte vun där Reform, déi momentan diskutéiert gëtt. Dat gëllt selbstverständlech och fir meng Partei.

Wichtig bleibt et, dass mer dee Schratt do maachen an dass mer elo mat deem heite Punkt eng Rei vu Reformen an der Gesetzgebung méiglech maachen, déi ouni déi Ofännerung vun der Verfassung net méiglech géife ginn. Et ass an deem Sënn, wou eis Partei och wäert deen heiten Text stëmmen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Félix Braz.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*). - Merci, Här President. Ech wëll direkt aganks d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun bréngen zu deem Vote, dee mer herno wäerte virhuelen, an och dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen an och fir säi mëndleche Bericht.

Ech mengen och, dass déi Ännerungen, déi haut an der Verfassung virgeholl ginn, wichtiger sinn, dass dat net nëmmen technesch Upassung sinn. Et ass wuel de Fall, dass dës Modifikatioun muss virgeholl ginn en vue vum Nationalitéitsgesetz, weinst deem, wat mer virhu beim Nationalitéitsgesetz. An awer ass et wesentlech méi wéi nëmmen eng technesch Upassung.

Et ass eiser Meenung no eng Saach, déi eis Relatioun zu Lëtzebuerg zur Nationalitéit frësch definéiert. Bis elo hu mer eng Tradition - den Alex Bodry huet drop higewisen -, déi mat klenge Schrëtt evoluéiert huet an eigentlech parallel zur Belsch evoluéiert huet an engem bestëmmte Rhythmus a mat bestëmmte Considératiounen.

Hien huet drop higewisen, dass et haut just zwee Länner gëtt, déi nach déi aktuell politesch Procedur, wéi mir se praktikéieren, hunn. Dat huet awer eiser Meenung no och eng praktesch Ursaach. Bei méi grouse Länner géif déi Procedur, déi mir hei adoptéiert hunn, ganz einfach um Praktesche scheiteren, wa se déi wëlte bäibehalen.

Dee Luxus, dee mir eis hei leeschten, fir all eenzelnen Dossier am Parlament duerzehuelen, geet soulaang een ongeféier bis 150 Leit de Mount an der Moyenne huet. Da gëtt ee sech mat deene Points vidés favorables of, déi an den Dossiere leien an dann huet ee seng Solutiounen.

Wann een an engem Land vun der Dimensioun vun Däitschland oder Frankräich oder England op esou eng Procedur misst zrëckgräifen, da wär ee séier vun de Prinzipien erof. An et wier ee ganz séier - wat jo och de Fall ass - bei enger administrativer Procedur, wou d'Laascht op ganz vill Beamte verdeelt gëtt, well do einfach dann d'Prinzipien un der Realitéit scheiteren. Da gëtt ee vernünfteg an da sinn déi Prinzipien op emol net méi esou vill wäert wéi dat, wat ee virdrun dovunner gehalen huet. Dat spillt och hei mat, firwat dass mir an d'Belsch déi heite Procedur hunn.

Mä wat awer och interessant war un deem, wat den Här Bodry gesot huet, dat ass, dass een och e Fil rouge erkennt an deenen Evolutiounen, déi d'Nationalitéitsgesetzgebung kann huet, dass ganz oft an deene Gesetzer den Haaptsouci war, sech géint eppes ze wieren, méi nach bal, wéi dass ee wëilt eppes domat erreechen.

Et ass ganz oft eng defensiv Argumentatioun an deene Modifikatiounen. Et goufen zu jiddfer Zäit Dämonen, déi een huet misse mam Nationalitéitsgesetz an de Grëff kréien. Dee Fil rouge zitt sech bis haut derduerch, wa mer méi spët dann d'Debatt wäerte féieren iwwert d'Nationalitéitsgesetz. Bis haut gesäit een, dass et ëmmer nees drëm geet, och an deem Gesetz bestëmmte Saache wëllen ze évitéieren; supposéiert oder affirméiert Geforen, déi op d'Land géife laueren, déi sech awer nach net erausgestallt hunn an och net agehallt hunn.

Mir mengen och, dass mer haut, am Joer 2008, méi offen a fräi misse kënnen iwwert dat Thema do schwätzen an engem Land, deem d'Immigratioun nach ëmmer nëmme Guddes bruecht huet; sief dat déi Zäit, wou d'Lëtzeburger hu misse vun der Immigratioun profitéieren, fir hei fortzekommen, fir ze iessen ze hunn, an awer och an deenen Zäi-

ten zënter dem Krich an och virdu schonn, wou ganz vill Leit bei eis op Lëtzebuerg koumen, fir hei ze iwwerliewen.

D'Immigratioun huet hei nach ni dem Land geschuet. Déi Dämonen, déi ëmmer nees am Nationalitéitsgesetz solle bekämpft ginn, si méi Phantasmen, wéi dass se mat enger Realitéit eppes ze dinn hätten.

Trotzdeem menge mir, dass mer haut mat dëser Ännerung vun der Verfassung wierkelech ee Schratt méi wäit ginn an en zolitte Schratt no vir ginn, well mer eis Relatioun zur Nationalitéit hei zu Lëtzebuerg wierkelech op eng nei Aart a Weis definéieren. Mir maachen dat op zwou Manéieren.

Éischstens emol duerch d'Aféierung vum Prinzip selwer vun der duebeler Nationalitéit, déi jo den Hannergrond duerstellt vun där Modifikatioun vun der Verfassung, déi mer haut maachen; woubäi d'Verfassung net misst geännert ginn. Ech wëll dat och preziséieren. Weinst der duebeler Nationalitéit misst een d'Verfassung net änneren. Dat kann een och maachen ouni Verfassungsännerung. Et ass weinst aneren Aspekter - Deelaspekter - vun där Debatt, wou mer se mussen änneren.

Mä dat wat mer maache mat der Aféierung vun der duebeler Nationalitéit ass och e Stéck Abandon vun enger Exklusivitéit, déi mer bis elo deene Leit ofverlaangt hunn, wa se da wollten de Lëtzeburger Pass unhuelen. Domadder akzeptéiere mer och elo e Stéck aner Realitéiten, wéi nëmmen déi Lëtzeburger Realitéit.

Méi nach: Mir akzeptéieren haut aner Realitéiten, wa mer d'duebel Nationalitéit bis stëmmen, net nëmmen als aner Realitéiten, mä och an Zukunft als e Stéck vun eiser eegener Realitéit. Dat ass e grouse Sprong no vir.

Mir verlaangen net méi, dass déi Leit wéi mir sinn, mä dass se mat eis sinn a mat eis ginn. Dat ass eppes anescht, wat mer elo an der Nationalitéitsgesetzgebung proposéieren. Mir considéieren och domadder d'Viillfalt, déi Lëtzebuerg duerstellt, als e Räichtum a manner, wéi an der Vergaangenheet, als en Handicap, mä als eppes Positives.

Dat ass net näischt. Wann een d'Nationalitéitsgesetzgebung aus engem anere Bléckwénkel considéiert, wéi dat bis elo de Fall war, da si mer amgaang e grouse Schratt hei zu Lëtzebuerg ze maachen, an net just e klenge mat enger technescher Upassung.

Et muss een och derbäi soen, dass mer ce faisant net no hanne kucken, wa mer op de Wee gi vun der duebeler Nationalitéit, dass mer also net d'Vergaangenheet vun deene Leit kucke ginn oder eis eege Vergaangenheet kucke ginn. Et ass kee Bléck no hannen, mä et ass ee Schratt, deen no vir geet an den och no vir kuckt, fir dat Stéck Wee ze belichten, wat mer zesumme wëlle maache mat all deene Leit, a wou mer eis net méi esou vill drëms këmmere, wat dat Stéck Wee war, wat mer eventuell getrennt gaange sinn. Et ass also net näischt, wat mer hei maachen; och doduerch, dass mer d'Verfassung dorobber preparéieren.

Déi zweet Aart a Weis, wéi mer eis Relatioun zur Nationalitéit frësch definéieren, ass dee Wiessel op déi administrativ Procedur an ewech vun der politescher Procedur. Och dat ass net näischt. Mir ginn eriwwer - de Statsrot huet et och scho soulignéiert - vun engem Droit sur la nationalité op en Droit à la nationalité.

Et ass also keng politesch Opportunitéit méi, déi spillt, ob ee Lëtzeburger gëtt oder net; et ass kee Cadeau du souverain méi, ob een déi Nationalitéit attribuéiert kritt, mä et huet mat Rechtsstaatlechkeet ze dinn, et huet mat Transparenz ze dinn an et huet mat Gläichbehandlung vun all de Leit ze dinn, déi hei am Land liewen.

Wat mer behalen, ass awer en Droit d'exception fir d'Chamber. Et gëtt also net komplett doduerch fir d'Chamber ofgeschaaft, wa mer dës Verfassungsännerung virhuelen. Et bleift, dass a bestëmmten Ausnahmefäll d'Chamber kann iwwert de Wee vun engem Gesetz d'Lëtzeburger Nationalitéit attribuéieren. Et gëtt also net ganz ofgeschaaft. Dat bleibt e Pouvoir d'exception.

Déi zweet Remarque: Mir mussen eis awer och an der Commission juridique nach eng kéier mat der Fro vum Numm vun de Leit beschäftegen. Mir hu bis elo iwwert déi legal Procedur net nëmmen de Leit kënnen d'Lëtzeburger Nationalitéit attribuéieren, mä si hunn och domadder kënnen de Wonsch ausdrécken, hiren Numm geännert ze kréien.

Doduerch, dass mer eriwwer ginn op déi administrativ Procedur solle mer och drun denken, an deem Gesetz weinstens een Artikel virzegesinn, deen - elo wou mer jo d'Optiounen ofschafen - och am Fall vun den Naturalisatiounen der Verwaltung d'Recht gëtt, sech mat enger Demande ze befaassen, fir den Numm ze änneren. Dat hu mer bis elo am Gesetz net virgesinn.

Dat wär awer eiser Meenung no eng utile Präziséierung, fir dass mer net mat der Procedur vun der Chamber, déi mer ofschafen, déi dote Possibilitéit vun der méi liichter Verännerung vum Numm géife mat ofschafen an ersatzlos géife strächen. Do misste mer nach vläicht am Gesetz iwwert d'Nationalitéit iwwer en Amendement der Verwaltung och déi Kompetenz ginn, déi se elo jo schonn huet am Beräich vun den Optiounen.

D'Konsequenz dovunner ass och, wa mer op de Wee gi vun der administrativer Procedur, dass mer dann natierlech och folgerichtig solle probéieren, de Contentieux vun där doter Matière ewechzehuele vun den zivile Gerichter eriwwer bei den Tribunal a bei d'Cour administrative. Et ass e Konsens an der Kommissioun, dass mer op deen dote Wee wëlle goen.

Fir eis ass dëst en lwwergank eriwwer zum Recht op d'Nationalitéit. Et gëtt elo e Recht, Lëtzeburger ze ginn, an net just méi eng Méiglechkeet, dat unzefroen. Dass et elo e Recht gëtt, dat ze ginn, dat ass fir eis eng ganz wichteg Notioun. Mir hunn eis och als Gréng ganz vill dofir agesat. Mir haten eis och schonn a fréiere Gespréicher mam Justizminister - ier den Dépôt vum Projet de loi stattfonnt huet, hat de Minister eng Ronn vu Concertatiounen gemaach - doriwwer ënnerhalen.

Dat war net d'initial Absicht vun der Regierung, mä mir hu gemengt, et géif eng ganz Rei valabel Grënn ginn, fir op deen dote Wee ze goen. Mir hunn och probéiert an der Institutionskommissioun déi doten Iddi virunzedreiwen. Mir sinn och frou, dass déi Iddi konnt hire Wee maachen, well mer dat wierkelech als vläicht dee gréisste Fortschrëtt am Kader vum Nationalitéitsgesetz halen, nieft der Aféierung vum Prinzip vun der duebeler Nationalitéit, well dat wierkelech an der Relatioun, déi mir hunn zur Nationalitéit, e richtige Schratt no vir ass a méi modern Zäiten.

Dat gesot, beäntwert dat natierlech net all d'Froen, déi an eiser Gesellschaft gestallt ginn, wann et ëm Theme geet wéi Integratioun oder wann et ëm Theme geet wéi demokrateschen Defizit, dee mer jo hunn doduerch, dass ëmmer manner Leit, déi de Räichtum vum Land erwirtschaften, um politesche Prozess bedeelegt sinn.

Haut ass just nach ee Créateur d'entreprise vu véier e Lëtzeburger. Dräi vu véier, déi Aarbecht schafen, si keng Lëtzeburger méi. Um politesche Prozess bedeelegt si se awer dofir net. Dat ass e Problem. Dat gëtt net besser, wann een net wierkelech probéiert do erëm eng kéier och iwwert den Émwee vun der Nationalitéit fir d'Cohésion sociale ze suergen, déi am Moment net vum selwe stattfënn.

Mir hu méi e friddlecht a produktivt Niefte-naner wéi e produktivt Matenaner. Dat gëtt vum selwen net besser. Dat heiten ass en Instrument, wat kann op deen dote Wee goen, wou mir awer mengen, dass mer net op all de Punkten deem Zil - deem autoproklaméierten Zil - vun der Regierung wäerte kënnen gerecht ginn.

Et sinn also och anerer gefuerdert - net nëmmen an dësem Kontext -: D'Schoul ass gefuerdert; d'Aarbechtswelt ass gefuerdert; d'Gewerkschafte si gefuerdert; d'Veräinsliwen ass gefuerdert. Dozou gehéiert méi wéi nëmmen d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit.

Zum Gesetz selwer wäert nach selbstverständlech viles ze soe sinn. Dat wäerte mer dann och maachen, wa mer hei an der Plénière iwwert d'Gesetzer selwer wäerten diskutéieren. Leider sinn och e puer méi negativ Saachen dozou ze soen; notamment - an d'Madame Flesch huet et scho gemaach - zur Sproocheregelung, déi virgesinn ass.

Mir biede wierkelech nach eng kéier och d'Kolleege vun der Majoritéit, sech am Detail mat deenen Niveauen auserneezenesetzen, déi am Moment proposéiert sinn. Dat, wat mer zënter 2001 am Gesetz stoen hunn als Connaissance de base, ass mat Sécherheet besser erëmginn, wann ee wierkelech dann och den Niveau de base hält, deen et an deenen Tabellé gëtt. Dat ass den Niveau A1.

Et gëtt och fir eis eise Grond, firwat dass een am passive Sproochberäich soll méi Ufuerderunge stellen un d'Leit wéi am aktive Sproochberäich. Contrairement vläicht zu

deem, wat een als Gefill kritt, wann een déi Tabellé gesäit, ass dat, wat do verlaangt gëtt, alles anescht wéi eng Connaissance de base. Déi Connaissancë sinn eiser Aschätzung no, opgrond vun der Lecture, déi mer gemaach hu vum Exposé des motifs vum Projet de règlement grand-ducal - dat sinn also Dokumenter vun der Regierung, déi déi Saachen do beinhalten -, wäit méi wéi Connaissances de base a si wäerten de facto zu enger sozialer Klausel an deem Gesetz féieren.

Et wäert fir eng ganz Partie Leit mat enger bestëmmtener Qualifikatioun schlichtweg onméiglech sinn, deen Niveau ze erreechen, deen e Kand am 6. Schouljoer huet. Dat Kand ass duerch 6.000 Stonne Primärschoul gaangen, bis et am Aktiven déi Connaissancen am Däitschen a Franséischen hat. Wann een dat niewebäi wëllt maachen, an dee géif och nach aacht Stonnen d'Woch Coursen huelen, an dat 52 Wochen am Joer, da wier e 15 Joer domat amgaangen. An dat ass net en immersion totale an ouni deeselwechten Hannergrond.

Just fir eng kéier virun Aen ze féieren, dass déi Connaissancen, déi do verlaangt sinn, wierkelech keng Connaissances de base sinn. Mir hoffen, dass mer no deem neie Retour vum Statsrot nach eng kéier kënnen och sachlech iwwert déi doten Aspekter diskutéieren. Well mir hunn d'Gefill, dass net jiddferee sech bewusst ass, wéi héich déi Niveaue sinn, déi mer am Moment do verlaangen.

Wat mech awer stéiert, an déi Remarque wëll ech awer och hei maachen: Ech hunn der Madame Flesch ganz opmierksam nogelauschert. Den Här Wolter schénkt dat jo och gemaach ze hunn, wéi d'Madame Flesch geschwat huet. An et huet mech eppes gestéiert: Wann den Här Wolter fir d'CSV virdrun heibanne gesot huet, déi Positioun, déi d'DP hei ageholl hätt, doriwwer wär an den nächste Wochen a Méint nach ganz vill mat de Leit ze schwätzen an de Leit och nozebréngen an ze erklären, wat d'DP do géif soen: Ech stelle mer d'Fro, wat Der domadder de Leit wëllt soen.

Wat wëllt Der de Leit da soen iwwert d'Positioun vun der DP? Dass si schlecht Patriote sinn? Well se net den héijen Niveau vu Connaissancë verlaangen, deen Dir verlaangt? Wat ass de Virwurf, deen Der do u si riicht? Ass et eng normal Divergenz, déi ee kann hunn am Parlament? Firwat sot Der eis dat mat engem drohenden Ënnertoun?

Et ass dat wat d'DP do als Positioun huet, fir ganz normal ze soen, mir mengen, déi Connaissancë sinn ze héich.

**(Interruption)**

Firwat schwätzt Dir mat engem drohenden Ënnertoun, dass Der de Leit dat elo géift soen? Wat wëllt Der de Leit soen? Et wiere schlecht Patrioten? Et wiere schlecht Lëtzeburger?

**(Interruption)**

Ech stellen lech déi Fro. Ech ënnerstellen iwwerhaapt guer näischt. Ech stellen lech déi Fro, Här Wolter.

Wat wëllt Der de Leit da soen iwwert d'Positioun vun der DP? Wat ass dorunner esou verwerflech, dass Der lech drop freet, an den nächste Wochen a Méint de Leit se kënnen ze erklären? Dass si op dëser wesentlecher Fro schlechter wieren? Dass déi elo géifen iergendeppes verroden?

Ech mengen dat net. Ech soen lech just de Contraire. Dir sidd amgaang de Contraire dovunner ze maachen, well dat, wat Dir do verlaangt, féiert net nëmme komplett laanscht d'Saach; an ech ginn lech och eng Zuel: Mir hunn hei am Land eppes iwwer 450.000 Leit. 40% dovun sinn Auslänner, also potenziell Demandeure fir dës Procedur. Potenziell. Mir hunn am Moment Naturalisatiounen an d'Optiounen - déi jo ewechfalen -, do komme mer emol net op 2.000 Leit pro Joer; 1.700, 1.800 Leit. Dat ass also ee Prozent vun de Leit.

Dir sidd amgaang dem Land ze probéieren ze erklären, dass, wa mer hei Sproochefuerderunge stellen, an och nach héich Sproochefuerderunge stellen, géife mer iergendeppes Wesentlechtes verbesseren an der Situatioun vun de Sproochen hei am Land. Dir



sidd amgaang lech mat engem Prozent vun de Leit ze beschäftege vun den Auslänner. Ee Prozent!

Alles dat, wat Dir do sot, am Kader vun dësem Gesetz, ass fir 99% vun den Auslänner hei vu Lëtzebuerg keen Thema. Tendenz steigend. Well wann 1.800 Leit pro Joer Lëtzeburger wëlle ginn, an et kommen der 3.000 bis 4.000 netto an d'Land nei eran, dann hutt Der domadder net nëmmen ee Prozent kontaktéiert, mä d'Tendenz ass falend. Et bleift emol net ee Prozent.

Dat heescht, wouriwwer diskutéiere mer? Wëlle mer wierklech eppes maachen dofir, dass och d'Sprooch - d'Lëtzeburger Sprooch, déi vill Leit heibanne geléiert hunn, jiddferen op seng Aart a Weis - eent vun den Elementer ka gi vu Cohésion sociale hei am Land? Da muss mer wierklech eppes dofir maachen. An dat fënnt net am Kader vum Nationalitéitsgesetz statt, wou mer ee Prozent vun de Leit just uschwätzen.

Haalt op d'Leit gleewen ze dinn, dass, wann een hei net Ärer Meenung wier, da wier engem dat egal. Da musst Dir konsequent sinn am Kader vum Immigratiounsgesetz an derfir suergen, dass all d'Leit, déi an d'Land kommen, an d'Konditioun gesat ginn, fir wierklech Lëtzeburgergesch ze léieren, an da brauche mer eis am Nationalitéitsgesetz emol net méi doriwwer ze ënnerhalen.

Dir maacht also iwwerhaupt guer näischt fir d'Lëtzeburger Sprooch mat dësem Gesetz. Dir schwätzt vun engem Prozent vun de Leit, Tendenz falend.

Dann haalt op d'Leit aner Saache gleewen ze dinn an deenen, déi mat lech op där do Fro net enger Meenung sinn, wëlle bäizebréngen, si wiere schlecht Patrioten. Et geet elo duer mat deem Unfug!

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Braz. Mir kommen zum nächste Riedner, dat ass den honorabelen Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wannere mech e bësselchen iwwert d'Debatt. Ech hat geduecht, mir géifen iwwert eng Verfassungsreform diskutéieren, déi essentiellement technescher Natur ass a wou et nuren dorëm geet, datt mer endlech dovunner ofgesinn, datt mir als Chamber d'Naturalisatioun accordéieren, esou wéi fréier an adlegen Zäiten de Grof oder de Grand-Duc d'Nationalitéit accordéiert huet als e Cadeau,...

**(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)**

...deen hien deem engen oder deem anere Bierger gemaach huet. Ech verstinn dofir och net dee Lien, deen hei gemaach gëtt mat der duebler Nationalitéit.

De Projet huet wuel, an den Här Rapporteur huet dat ervirgestrach, e Lien mam Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit, mä et kéint een déi bestehend Verfassungsreform och virhuelen, ouni datt een d'duebel Nationalitéit géif aféieren. Ech mengen et ass dee Prinzip, deen hei zur Diskussioun steet, an et ass och dowéinst wou ech mech wëll op dee Prinzip do konzentréieren.

Mir hu bis elo e Regime gehat, wou mer d'Naturalisatiounen hei an der Chamber diskutéiert hunn. Dat waren eng 150 d'Joer; et waren der och emol 180 oder 120, et huet do dertëscht geschwankt. An dann hate mer ongeféier, iwwert d'Optionen, sief et nom Mariage oder vun de Kanner mat 18 Joer, eng 1.500, 1.600 där Fäll.

D'Optione si bis elo schonn ëmmer an de Kompetenz vun der Regierung gewiescht, wou eng administrativ Décisioun ass, wou och Méiglechkeete waren, virun den administrative Gerichter Klo ze féieren.

Elo gi mer hin a mir soen, datt mer och fir d'Naturalisatiounen deesewechte Prinzip wëlle gëlle looszen. Dat ass e Prinzip mat deem mir als ADR d'accord sinn, well en näischt mat der duebler Nationalitéit ze dinn huet, mä well en domadder ze dinn huet, datt mer dem Bierger d'Recht ginn, datt e säin Dossier net nuren eng Kéier ka virbréngen an datt dann eng Décisioun ass, op déi kee Recours méi ass, mä datt en, doduerjer, datt mer et an administrativ Prozederen eraginn, d'Méiglechkeet huet, an éischter an an

zweeter Instanz virun den administrative Gerichter e Recours anzerechen, wann en net mat der Décisioun vun dem Justizminister d'accord ass.

Dat ass e weideren Déngscht um Bierger an dat ass och e Punkt, mat deem mir d'accord sinn. En huet absolut näischt mat der duebler Nationalitéit en tant que telle ze dinn. Ech wannere mech och dofir, datt vun dëser Geleeënheet profitéiert gëtt fir elo eng Debatt ze féieren, déi souwisou elo nach am Parlament an an der zoustänneger Kommissioun an nach mat dem Statsrot muss gefouert ginn.

Ech hoffen, datt mer deen Ablack, wou mer d'Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit hunn, Kloertext kënne schwätzen an datt een dann déi eenzel Mesurë kann huelen. Mä fir ons ass dat heiten eng Verfassungsreform, déi méi technescher Natur ass, déi dem Bierger méi Rechter gëtt, an duerfir kënne mer ons domadder d'accord erklären. Et huet näischt mat der duebler Nationalitéit ze dinn.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet d'Wuert, wann ech gelift.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**.- Här President, ech begréissen och déi Ännerung vun der Verfassung hei, well ech einfach der Meenung sinn, dass all Initiative fir d'Integratioun ze vereinfache muss geschéien an och ganz wichteg sinn.

Ech si just e bëssen erstaunt, well virun néng Joer, wéi mer eng Kéier d'Diskussioun haten iwwert d'Wahlgesetz, do hunn ech déi Propos an där zoustänneger Kommissioun gemaach, wéisou een net kann iwwert den administrative Wee goe fir Lëtzeburger ze ginn. An do hu verschidde Leit gesot, ech hätt eng mat der Dänn.

**(Hilarité)**

Wann dat och an aneren Ëmstänn vläicht de Fall war, mä deemools louch ech jo net esou falsch. Ech sinn och frou, dass dat haut elo - dat wat ech deemools gefuerdert hunn - zur Realitéit gëtt. Ech fänken och ganz lues u mech drun ze gewinnen, dass ech am Endeffekt ëmmer Recht behalen,...

**(Hilarité)**

...mä ech sinn awer och traureg iwwert dës Verfassungsännerung. Éischstens, well an dëser Chamber awer wierklech jiddferen eppes genoss huet, an dat sinn der honorabeler Madame Doerner hir herlecher Rapporten iwwert déi Naturalisatiounen.

**(Interruptions et hilarité)**

Dat mécht mech e bëssen traureg, dass mer dorobber muss verzichten.

Elo sinn ech awer erfreet, dass besonnesch bei der CSV wierklech mat Inbrunst hei iwwert d'Lëtzeburger Sprooch geschwat gëtt, dass d'Lëtzeburger Sprooch op eemol den Nonplusultra ass vun allem, esou dass et jo dann elo net méi laang wäert daueren, bis déiselwecht CSV wäert domadder d'accord sinn, dass mer d'Lëtzeburger Sprooch endlech an d'Verfassung aschreiwen. Well do leie jo awer zwou Propositionen de loi vir - eng vum Här Henckes an eng vu mir -, wou gefuerdert gëtt, dass d'Lëtzeburger Sprooch soll an d'Verfassung ageschriwwen ginn. Ech froe mech, u wem et läit, well et ass jo awer wierklech de Wëllen do, dass d'Lëtzeburger Sprooch soll hei am Land méi u Wichtigkeet gewannen.

Da wär ech och frou, wann ech erëm eng Kéier kéint hei déi Motioun deponéieren, mat där ech d'Regierung deemools opgefuerdert hunn, dass se sech soll asetzen, dass d'Lëtzeburger Sprooch emol endlech um europäesche Plang och als Sprooch unerkannt gëtt. Well d'Lëtzeburger Sprooch, och nach ausgerechent als Sprooch vun engem vun de Grënnerlänner vun Europa, nämlech déi eenzeg ass, déi nach ëmmer net als europäesch Sprooch unerkannt ass.

Ech hoffen, dass déiselwecht Leit, déi sech hei esou fir d'Lëtzeburger Sprooch agesat hunn, dann awer och endlech mat deemselwechte Wëllen dorunner eruginn, dass d'Lëtzeburger Sprooch och emol endlech um europäesche Plang als Sprooch unerkannt gëtt.

Wat elo de Gesetzesprojet iwwert d'Integratioun ubelaangt, do sinn ech, wat d'Sproochen ubelaangt, och der Meenung, dass d'Lëtzeburger Sprooch onbedéngt eng wichteg Roll muss spillen an och e bëssen d'Instruction civique, mä ech sinn awer net onbedéngt der Meenung, dass een do elo muss an deenen zwee Fächer Bac+7 hunn, fir elo kënne Lëtzeburger ze ginn.

**(Hilarité)**

Ech sinn einfach der Meenung, dass een dat gutt preparéiere soll.

Mä, wat elo déi Residenzklausel ubelaangt, esou war ech nach ëmmer anerer Meenung, well ech einfach soen, d'Integratioun geschitt net duerch en Délai oder duerch iergendwellech Coursen, mä d'Integratioun geschitt haaptsächlech duerch den Integratiounswëllen. Wann ech Leit gesinn, déi den Integratiounswëllen hunn, déi hei an d'Land kommen an dës le départ ufänke Lëtzeburgergesch ze léieren oder sech fir eis Institutionen ze interesséieren an och déi Coursë matmaachen, da gesinn ech net an, firwat déi Leit siwe Joer waarde mussen, fir dann endlech kënnen dat ze kréien, wat se am Fong wëllen, nämlech eng Integratioun.

Dat heescht, ech sinn einfach der Meenung, dass een déi Residenzklausel ganz soll sträichen an do par contre drasetze soll, dass Leit, déi hei am Land wëlle sech integréieren an dee Wëlle beweisen, andeem se Lëtzeburgergesch léieren, andeem se an déi Coursë ginn iwwert d'Instruction civique, dee Moment, wou se dat gepackt hunn, dann och kënnen hir Demande maachen, fir Lëtzeburger ze ginn, an net brauche siwe Joer ze waarden. Dat ass fir mech eng Forderung vun der Integratioun an dee Wee, op dee mer solle goen.

**(Interruption)**

Wann ech gelift?

» **Une voix**.- Wou spillt dann do d'Sprooch mat?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**.- Jo, d'Sprooch. Ma ech ginn lech e Beispill vun der Sprooch: Et ass eng Russin hei an d'Land komm, déi Lëtzeburger ginn ass, déi ka perfekt Lëtzeburgergesch. Dunn ass se an d'Coursë gaangen, fir de Führerschäin ze léieren, an huet keen Text fonnt op Lëtzeburgergesch fir de Führerschäin. Zum Beispill.

Oder wa mer vun der Lëtzeburger Sprooch schwätzen: Wéini kréie mer dann emol eis Verfassung a Lëtzeburger Sprooch? Hu mer déi? Neen!

» **M. Xavier Bettel (DP)**.- Wie schreift se?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**.- Oh, hei kuck, wie schreift se?!

**(Hilarité générale)**

Majo, Här Bettel, dat kënne jo awer alleguer déi maachen, déi sech elo haut fir d'Lëtzeburger Sprooch esou agesat hunn!

Ech kann lech just soen, den Här Roth ka se schreiwen, ech kann lech se schreiwen, an et sinn nach aner Leit hei am Land, déi sech eng Freed géife maachen, fir se kënnen ze schreiwen.

Mä ech soen lech just op jidde Fall eent: Ech si frou, dass Dir lech all esou fir d'Lëtzeburger Sprooch asetzt. Dat gëtt mer d'Hoffnung fir d'Zukunft, dass eis Sprooch net ausstierft.

A wann déi Fuerderungen, déi ech elo gestallt hunn, nämlech d'Lëtzeburger Sprooch an d'Verfassung anzeschreiwen an d'Lëtzeburger Sprooch europäesch unerkennen ze looszen, erfüllt sinn, da kënnt Dir emol mat rouegem Gewëssen higoen a vu jiddferengem hei verlaangen, dass hien de Bac+7 muss an der Lëtzeburger Sprooch hunn, fir Lëtzeburger ze ginn.

Mä am anere Fall loosst d'Leit mat Rou a loosst se sech integréieren, wa se den Integratiounswëllen hunn, an emmerdéiert se net mat esou kanneresche Residenzklauselen.

Ech soen lech Merci.

**(Hilarité)**

» **M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

**(Brouhaha général)**

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- Här President, Merci fir d'Wuert. Et ass jo esou, dass mer eng duebel Verfassungsännerung hei sollen ofstëmme an dass d'Debatt e bëssen duerch d'Interventioun vun der honorabeler Madame Flesch op en anere Sujet, deen domat liiert ass selbstverständlech, ofgegléicht ass an nach eng Kéier duerch déi dach zimlech opgereegten Interventioun vum Här Braz verstärkt ginn ass. Duerfir am Numm vun der CSV vläicht e puer Considératiounen zu där Fro, déi sech hei stellt.

Et gëtt - an et ass gutt, dass een dat feststellt - Ënnerscheeder tëschent deenen eenzelne Parteien, wéi se verschidden Degréé gesi vun der Integratioun an eisem Land. Et gëtt de Leit dobaussen ëmmer ge-

sot, d'Partei wäeren alleguerde gläich an der Aart a Weis wéi se Politik géife maachen a wéi se géife rasonnéieren. Abee, ech stelle fest, dass et e fundamentalen Dissenz gëtt tëschent der Aart a Weis vun der CSV, fir d'Integratioun vun de Leit zu Lëtzebuerg ze gesinn, an där vun deene Gréngen.

Mä, an dat ass nei, ech stelle fest, dass mer deesewechten Dissenz säit haut spéits-tens, nom Gefill scho méi laang, mat der Demokratescher Partei hunn, an zwar geet et ëm déi kombinéiert Fro vun der Integratioun a vun der Nationalitéit, wat zum Deel déiselwecht an zum Deel eng verschidden Notiou ass.

Fir eis ass all Mënsch, deen op Lëtzebuerg kënnt, wëllkomm. Dat solle mer ganz kloer an dättelech gesinn an do net eng Diskussioun ervir wëlle schwiewe looszen, déi et net gëtt! Dat kann d'ailleurs net aneschtens sinn an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat 40% auslännesch Matbierger huet. Jiddferen, deen op Lëtzebuerg wëllt kommen, deen de Konditiounen entsprécht, fir op Lëtzebuerg ze kommen, an deen hei mat sech a mat senger Famill säi Liewe wëllt mat eis verbréngen, deen ass zu Lëtzebuerg wëllkomm.

Dat ass awer eppes aneschtens wéi d'Fro, ob ech d'Nationalitéit vun engem Land wëll huelen oder net. Ech ka mir ganz gutt virstellen, jorelaang an engem Land ze liewen, wat net mäin Heemechtsland ass, also Lëtzebuerg, ganz gutt integréiert ze ginn, ganz gutt do ze liewen, an net nécessairement d'Nationalitéit vun deem Land wëllen ze huelen.

Ech ka mer awer ganz gutt virstellen, dass, wann ech d'Nationalitéit vun deem Land wëll huelen, ech dann d'Sprooch vun deem Land schwätzen, an deem ech mech do wëll zur Nationalitéit beginn.

**(Interruptions)**

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng fundamental Notiou an der Approche tëschent der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei an deene Gréngen, an ech menge säit haut och tëschent der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei an der Demokratescher Partei.

Fir eis ass d'Fro vum Octroi vun der Nationalitéit den Ofschloss vun enger Integratioun, an net den Ufank vun enger Integratioun.

» **Une voix**.- Richtig!

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- An déi national Integratioun an déi national Identitéit spigele sech och erëm an der Maîtrise oder der Netmaîtrise vun där Sprooch, déi deem Land, vun deem ech d'Nationalitéit wëll hunn, niddlerläit. An dat ass zu Lëtzebuerg - an entschëllegt, dass ech dat soen; ech muss mech bal entschëllege bei verschiddene vu menge Virriedner! - d'Lëtzeburgergesch.

Et ass och net richtig, Madame Flesch, wann Dir sot, dass Dir net verstitt, dass d'Diskussioun geännert hätt. Mir sinn an enger fundamental anerer Diskussioun wéi am Joer 2001. Am Joer 2001 ware mer an der Situatioun, dass mer eng Residenzklausel vun zéng Joer op fénnef Joer erofgesat hunn an engem Moment, wou deejéinegen, deen d'Lëtzeburger Nationalitéit wollt kréien, op seng Nationalitéit huet misse verzichten. Et ass eppes ganz aneschtens, och am Degré d'intégration, ob ech op déi Nationalitéit, déi meng ass, muss verzichten, fir eng aner Nationalitéit unzehuelen, oder ob ech niewent menger Nationalitéit nach eng aner Nationalitéit kann derniewent als Surplus huelen.

Ech gesinn dat besonnesch an engem Land wéi Lëtzebuerg anescht, wou mer ganz vill Leit hunn, déi nëmmen en Deel vun hirem Liewen zu Lëtzebuerg wëlle verbréngen an duerno weiterreesen a sech d'Fro musse stellen, an déi Fro hu mir fir eis beäntwert: Ass de Pass e Surplus oder ass de Pass eppes, wat d'Integratioun an déi Communautéit op dauerhaft Aart a Weis zementéiere soll?

D'Sprooch ass an deem Kontext e wesentlech Element fir ze dokumentéieren, ob ech déi Integratioun hanneru mer hunn. Mir wëllen - an dat ass ee vun de Grënn firwat dass mer der Meenung sinn, dass een op siwe Joer soll goen - kee Passtourismus. Mir wëllen net, dass Leit, déi en Deel vun hirem Liewen zu Lëtzebuerg verbréngen an dann nees op aner Deeler vun der Welt weiterreesen, bis un d'Längs eise Pass als zweeten, drëten oder véierte Pass och nach kënne matféieren.

Mir sinn der Meenung, dass d'Objektiver, déi dem Gesetzesprojet ënnerleien, déi sinn, dass mer et mat Leit ze dinn hunn, déi definitiv op Lëtzebuerg wëlle kommen an déi sech och definitiv zu Lëtzebuerg wëllen integréieren.



en aneren Niveau misst opzwéngen. Déi hunn dat schonn alleguerte gemaach, och ier Dir et vun hinne gefrot hutt.

Déi sinn also net resistant géint d'Erwaardung vum Lëtzebuergeschen, mä déi hunn, laang ier Dir hinnen dat erkläert hat, Här Wolter, fir sech erausfonnt, dass et vu grousem prakteschen Notzen am Alldag ass, wann ee sech wëllt an der Lëtzebuurger Gesellschaft erëmfannen, dass ee Lëtzebuergesch kann. Déi maachen dat also a si hunn lech net gebraucht, fir dat ze maachen.

Véiert Remarque: An do musst Dir dann awer iergendwann och eng Kéier konkret ginn. Wann ee wëllt, dass déi Leit tatsächlech an d'Positioun versat ginn, déi Sprooch ze léieren - wat mer alleguerten, mengen ech, heibanne wëllen, well dat wierklech e Stéck vu Cohésion sociale ass -, da muss ee se och an d'LAG dozou versetzen, an dat ass net fir jiddfereen datselwecht. Dat huet mat dem Congé linguistique ze dinn.

Ech wëll lech rappeléieren, dass elo rezent e Kolleeg aus Ärer Fraktioun sech mat deem Thema do beschäftegt huet. Et waren awer déi Gréng, déi sech scho laang virdrun domadder beschäftegt haten, an déi duerch d'Persoun vun der Madame Wagener d'Thema vum Congé linguistique hei an d'Chamber bruecht hunn. Dat war awer nach zu enger Zäit, wou Dir dat net wollt. Dat war zu där Zäit, wou Dir lech vläicht nach net esou vill mam Thema Sprooch als Mëttel vu sozialer Kohesioun beschäftegt hutt wéi déi Gréng. Do hu mir schonn deen dote Virschlag gemaach, mä dat ass deemools bei lech op net vill Géigeléift gestouss. Dont acte.

Fënneft a lescht Remarque: Et ass fir eis, als gréng Fraktioun, näischt Neies. Bei eis gëtt et do keng Ännerung an der Positioun. Dat schéngt awer bei lech de Fall ze sinn. Ob et zum Gudden ass, woen ech ze bezweifelen. Fir eis war d'Sproocheconnaissance nach ëmmer en Element vu sozialer Kohesioun an och vun Integratioun.

Wann dat fir lech och de Fall wär, Här Wolter, an et ass am Fong geholl dat, wat ech virdru probéiert hu kloerzemaachen - Dir hutt probéiert d'Hand ze reechen andeems Der gesot hutt, op engem Punkt wäert Dir mat mir d'accord gewiescht -, dann huelen ech déi Hand, déi Dir do gereecht hutt an, wann dat, wat Dir do gesot hutt, wierklech Är Suerg ass, an zwar dass et wichteg ass, dass Lëtzebuergesch hei vun all de Leit, och vun deenen, déi als Auslänner heihinner kommen, beherrscht gëtt op eng akzeptabel Aart a Weis - an et gëtt der vill, déi dat fäerdeg bréngen -, da proposéieren ech lech: Kommt mir ginn eis mat deenen 99% of, déi mat der Nationalitéitfro männer ze dinn hunn a mir fokusséieren eis net op eng komplett bildverstellend Aart a Weis op deen ee Prozent, deen och nach amgang ass dat ze maachen, wat Dir vun hinnen erwaart, nämlech deen nächste Schratt ze maachen an och de Pass unzehuelen.

All déi aner, 99% vun de Leit, do ass de Match ze maachen. A wa mer wierklech wëllen, dass Lëtzebuerg eng positiv Roll ka spillen - dat ass eis Meinung zënter Laangem, a wann Dir och elo där Meinung sidd, Här Wolter -, da reechen och ech lech d'Hand a soen: Kommt mir maachen dat do Stéck Wee zesummen a beschäftegen eis mat deenen 99% weinstens esou vill wéi mat deem enge Prozent.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, wann der elo nach vill sech wëllen aschreiwen an därer Debatt, da géif ech d'Chamber froen, ob se d'accord ass mat enger Modifikatioun vum Ordre du jour. Mir diskutéiere jo hei elo de Projet de loi iwwert d'double nationalité an net méi d'Proposition de loi, déi den Här Meyers hei presentéiert huet.

Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

» **M. Ben Fayot (LSAP)**.- Här President, ech hat bekanntlech net wëlles, de Mëtteg d'Wuert hei ze ergräifen. Ech mengen, esou wéi déi Diskussioun sech entwéckelt huet zu deenen zwee Artikelen vun der Verfassung, muss ech awer am Numm vun der LSAP och e puer Saachen hei soen.

» **M. Xavier Bettel (DP)**.- Ech hu just eng Fro un den Här Hauptert elo gestallt, well hie jo deemools eng Führungspositioun beim COSL hat, wéi et dann deemools gewiescht wier beim Här Girardelli, ob deen och der Lëtzebuurger Sprooch esou gutt mächtig war.

Haut huet hien zwar eng aner Kap un an huet mir de Virwurf gemaach, ech wier viru 50 Joer net hei gewiescht...

» **M. le Président**.- Mir kënnen elo hei keng Zwiegespréicher féieren. Et sinn der nach esou vill, déi d'Wuert gefrot hunn. Fir d'éischt d'Madame Flesch an duerno den Här Braz.

*(Brouhaha)*

An all déi aner, déi sech wëllen zu Wuert mellen, déi solle sech aschreiwen! Da komme se hei op d'Tribün a si soen dat, wat se ze soen hunn. Den Här Bettel, den Här Hauptert an anerer.

Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Här President, ganz kuerz zu engem Fait personnel. Den Här Wolter, deem ech nogelauschtert hunn, deen ech net ënnerbrach hunn, huet Recht wann hie seet, et soll ee roueg iwwert déi Saache kënn schwätzen an et wär och normal, wa Meinungsverschiddenheete géife bestoen.

Wat awer net richtig ass, dat ass, wann den Här Wolter mir a menger Partei wëllt ënnerstellen, wat hien hei gemaach huet, mir wären en faveur vun enger Clause vu fënnef Joer Residenz, ouni Sproocheklausel. Dat hunn ech ni gesot. Ech hunn au contraire gesot, dass onser Meinung no d'Sproocheklausel e wichtegt Element wär um Wee vun der Integratioun. Mä mir kënnen awer enger anerer Meinung sinn, wat fir een Niveau muss bei där Sproocheklausel erreecht ginn. Ech verwiere mech géint déi Ënnerstellung vum Här Wolter a vu senger Partei!

» **Plusieurs voix**.- Très bien! Ganz gutt!

» **M. le Président**.- Den Här Braz huet elo d'Wuert gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Merci, Här President. Ech wëll och just kuerz op dat reagéieren, wat den Här Wolter gesot huet. Mir kréie jo nach d'Geleeënheet - am Kader vum Nationalitéitsgesetz -, fir iwwert eng Rei vun deenen Aspekter do ze diskutéieren an, net just an den nächste Wochen, hei am Parlament eng anstänneg legislativ Aarbecht ze maachen. Ech wëll just dräi, véier Remarquë maachen, fir dat Gesamtbild, wat den Här Wolter wollt zeechnen, awer vläicht erëm a säi richtege Kader ze setzen.

Déi éischt Remarque: Et war d'CSV, déi d'Residenzzäit vun zéng op fënnef Joer erfogesat huet, net déi Gréng.

Déi zweet Remarque: Wann haut esou wéineg Leit, esou wéineg Lëtzebuurger Lëtzebuergesch kënn schreiwen, an esou wéineg Auslänner Lëtzebuergesch kënn schwätzen, dann ass dat net vum Himmel gefall. Dat ass d'Resultat vu jorzéngtelaanger Politik oder vu jorzéngtelaange Versäumnisser vun deene Leit, déi all déi Joren an der Regierung waren. Wa mer haut eng Sproochesituatioun hunn, déi iwwregens net esou negativ ass, wéi Dir se beschreift, mä déi fir eis net zefridde stellend ass, esou huet se lech jo laang Joren zefridde stellend geschéngt, soss hätt Dir lech schonn éischter drëm beméit.

Mir hu scho ganz fréi bemängelt, dass dat een Element vu Cohésion sociale kéint sinn, mä du war lech dat nach laang Zäit egal. Haut stellt Dir dat fest, an et ass net esou negativ wéi Dir et zeechent. Mä trotzdem, wann haut esou wéineg Leit et schreiwe kënnen an esou wéineg Auslänner et schwätze kënnen, dann drot Dir dorunner méi Verantwortung wéi déi Gréng oder wéi d'Kolleege vun der DP.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG)**.- Eng drëtt Remarque: Wann Dir erkläert, dass een dat elo onbedéngt muss vun deene Leit verlaangen, dann ënnerstellt Dir eppes, wat net ass. Dir ënnerstellt, dass déi Leit, ouni déi Dispositioun am Gesetz, de linguisteschen Effort net géife maachen. Dat ass net de Fall. Wa mer d'Dossiere kucken an der Commission juridique, déi mer haut hunn - an d'Zuel vun den Demanden ass zënter dem Gesetz vun 2001 net zrëckgaangen, et sinn nach ëmmer esou vill Leit wéi deemools, bon an, mal an, déi wëllen iwwert dëse Wee Lëtzebuurger ginn -, déi erfëllen d'Connaissances linguistiques de base zënter 2001. Et ass also net esou, dass een deene Leit do de B1 oder den A2 oder soss

an de B1 ass eng international Norm - dat huet d'CSV net erfonnt, dat huet d'DP net erfonnt an net déi Gréng -, déi kloer seet, dass et en Niveau-seuil ass. Et ass deen Niveau, vun deem un een d'Sprooch versteet. Mir sinn domat d'accord a mir sinn eis an der Koalitioun eens ginn, dass mer den Niveau A2 huelen, wat en Ufängerniveau ass an der Kommunikatioun mat de Leit, wat d'Maîtrise vun der Sprooch ubelaangt.

Den Niveau A1 ass en Niveau introductif ou de découverte. Den Niveau A1 ass den Niveau fir sech en Taxi ze bestellen. Den Niveau A1 ass den Niveau fir en Hotel kënnen ze reservéieren am Taxi. Mä den Niveau A2 an den Niveau B1, dat sinn d'Niveaue fir mam Taxichauffer kënnen, wann en da Lëtzebuergesch am Taxi mat lech schwätzt, well Dir Lëtzebuurger wëllt sinn,...

*(Brouhaha général)*

Et ass den Niveau B1 international.

*(Interruptions diverses)*

» **M. le Président**.- Loosst den Här Wolter elo seng Ausféierungen hei fäerdeg maachen!

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- Jo, mä ech verstinn, Här President, d'Nervositéit. Ech verstinn d'Nervositéit, well et eng total Dichotomie gëtt. Et gëtt en totale Widder-sproch tëschent deem wann ech soen: Ech brauch d'Sprooch an der Integratioun!, an dann der Fuerderung vum A1. Well den A1 ass, wéi wann ech keng Sproochekonditioun stellen. An duerfir, Här Braz, huet dat näischt mat rechtsextrem ze dinn; dat huet näischt mat der Aart a Weis...

*(Interruptions diverses)*

Ech weess, dass Dir dat net textuell gesot hutt, mä Dir hutt probéiert eis an eng gewësse Richtung ze drécken...

» **Plusieurs voix**.- Ooohhh!

*(Interruptions diverses)*

» **Une voix**.- ...20 Joer laang.

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- Wéi sot Der?

» **Une voix**.- Dir waart responsabel fir d'Schoulsystemer, an dat schonn 20 Joer laang.

*(Interruptions diverses)*

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- Jo, jo. Ech ka mech erënneren, dach. Genau esou ass et.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**.- Dir waart viru 50 Joer net op der Welt, schwätzt also net doriwwer!

*(Hilarité et interruptions)*

» **M. Norbert Hauptert (CSV)**.- Ech war awer schonn drop; ech weess, ëm wat et geet.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**.- Här Hauptert, Alter schützt vor Torheit nicht.

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- Ech verstinn, Här President, dass vill Leit de Besoin hunn an där Diskussioun hei, déi Leit, déi hir Meinung hei äusseren, éierens hinzustellen. Mä déi Leit, déi dat diskutéieren, déi hätte gärén, dass gewosst ass, an dësem Dossier wéi an aneren Dossieren, wat d'Meenung vun deenen Engen an deenen anere konkret an deenen Dossieren ass.

An et ass kloer an däitlech noweisbar, dass den Niveau A1 an der Sproochekenntnis, am Verstoen an am Schwätzen, ass wéi wann ee keng Sproocheklausel freet. A wann dat eis ënnerscheet, da solle mer einfach festhalen, dass dat eis ënnerscheet, an da wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint an deem Kader mat de Leit dobaussen déi Diskussioun féieren, ob den Accès zur Lëtzebuurger Nationalitéit ouni Sproochekenntnis, ouni Beherrschung an engem verstännge Kader vun der Lëtzebuurger Sprooch de Wëllen ass oder net.

Ech weess säit haut, dass zwou Parteien dat fuerderen. Mir fuerderen dat net. Mir wäerte mat de Leit dobaussen an deenen nächste Méint doriwwer diskutéieren.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

*(Interruptions diverses)*

Här Bettel, wëllt Dir op d'Tribün kommen?

*(Interruptions diverses)*

Ech schwätzen net fir de Koalitiounspartner, esou wéi och net déi Gréng fir déi Blo an déi Blo fir déi Gréng an déi Schwaarz fir déi Mauve schwätzen; ech schwätze fir d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei.

Mir gesinn d'Angscht, jo, Madame Flesch, an dat differenzéiert eis. Duerfir soen ech lech, op d'Interventioun vum Här Braz hin, dass mer dann doriwwer an engem rouege Gespréich, esou wéi mer dat probéieren elo hei ze maachen, an deenen nächste Méint mat de Lëtzebuurger mussen diskutéieren, ob déi Aart a Weis, wéi Dir et gesitt, oder ob déi Aart a Weis, wéi mir et gesinn, ob dat déi Aart a Weis ass, wéi d'Lëtzebuurger et gesinn.

An deem Kader soen ech lech, dass d'Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei sech net kéint mat enger Approche identifizéieren, déi doranner géif bestoen, dass d'Leit de Lëtzebuurger Pass als en Deel vun hirem Liewenswee a fern Länner mathuelen, mä dass mer der Meinung sinn, dass een am Virfeld een Integratiounseffort muss gemaach hunn an de Wëllen och muss hunn, fir, dans la mesure du possible a sauf errement vun der Carrière, och zu Lëtzebuerg ze bleiwen.

Mir gesinn de Risiko, deen doranner besteet, dass, wann ech eng fënnefjähreg Klausel ouni Sproochklausel aféieren, e Rush op Lëtzebuerg géif kommen, fir de Pass ze kréien, ouni déi definitiv Integratioun zu Lëtzebuerg ze hunn.

Zum Zweete si mer der Meinung, dass een och Zäit muss hunn - an den Här Braz huet eis mat senger Argumentatioun doranner nach eng Kéier confortéiert -, fir déi Integratioun duerchzuféieren. Duerfir si mer och mam Här Jaerling net d'accord, wann hie seet, et kéint ee praktesch vum éischte Moment un d'Nationalitéit unhuelen. Neen! D'Nationalitéit ass eppes, wat sech ergëtt aus engem Prozess, wou een an e Land erageet, sech mat deem Land identifizéiert a sech dann zu deem Land bekennt. An deem Kader si mer der Meinung, dass et noutwendeg ass, minimal Délaien ze hunn, ier een de Pass vun deem Land ka kréien.

Zur Sprooch: Et ass fir eis kloer, dass an enger klenger Communautéit wéi eiser d'Sprooch vläicht nach vill méi eng grouss Wichtigkeet huet, wéi dat an anere Länner de Fall ass.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Michel Wolter (CSV)**.- D'Sprooch ass zu Lëtzebuerg, wäit méi wéi an anere Länner, den Ausdrock vun der nationaler Identitéit. An ech sinn d'accord - dat ass deen eenzege Punkt, op deem ech mam Här Braz d'accord war a senger Interventioun -, dass mer an der Vergaangenheet net genuch gemaach hunn, fir déi Sprooch ze förderen, an dass mer an Zukunft, opgrond vun deem Wëllen, dee mer hunn, fir der Lëtzebuurger Sprooch en anere Stelwäert ze ginn, mussen a wäerten d'Virusetzunge schafen, souwuel an der Schoul wéi op der Aarbechtsplaz, fir dass d'Leit besser an ënner bessere Konditiounen d'Maîtrise vun der Lëtzebuurger Sprooch kënn kréien.

An et ass keng Fro an et däerf keng Fro gi vu sozialem Ënnerscheed. Déi Leit, mat deene mir diskutéieren dobaussen, dat sinn net alles lauter Universitäre mat Bac+7. Mir begéinen dobausse ganz ville Leit, och Auslänner, déi op Lëtzebuerg komm sinn an déi soen: Lauschtert, et ass extrem wichteg, dass een d'Maîtrise vun der Lëtzebuurger Sprooch huet fir d'Nationalitéit ze kréien, well dat ass den Ausdrock vun der Identitéit, déi ech mat deem Land hunn.

Mir sinn also der Meinung, dass och an der Schoul a ronderëm d'Schoul eng Debatt muss stattfannen, fir sécherzestellen, dass ee vun deene ganz wéinege Punkten, déi mer hunn, fir eis national Identitéit ze markéieren, bestoe bleift.

Da kommen ech, ouni wëllen an den Detail ze goen, ee Moment op den Niveau, Madame Flesch. Well et kann net sinn, an ech schätzen lech vill ze vill duerfir, dass Dir net wësst, wat den Niveau A1 am internationale Kontext an der Maîtrise vun enger Sprooch bedeit. Ech hu mer et elo nach eng Kéier komme gelooss. Well et ass jo net esou, wéi wann ee sech mat deene Froen net géif beschäftegen, an et ass net esou, wéi den Här Jaerling seet, dass déi Proposition vun der Regierung, vun der Majoritéit, déi d'ailleurs, wann ech dat richtig verstanen hunn, an der Kommissioun ugeholl ginn ass vun enger Majoritéit, de Leit onméiglech Konditiounen géif operleeën.

Mä si operleeë Standardkonditiounen, no deenen ee feststelle kann, an zwar an engem double degré, ob een d'Sprooch versteet, an zwar op eng einfach Aart a Weis,



Eischstens emol, mir maache jo déi Modifikatioune vun der Verfassung opgrond vun engem neie Gesetz iwwert d'Nationalitéit, an ech wëllt do rappeléieren, dass déi wesentlech Errongenschaft vun deem neien Nationalitéitsgesetz déi ass, fir d'duebel Nationalitéit anzeféieren. Firwat féiere mer déi duebel Nationalitéit an? Mir féiere se an, well mer an enger gesellschaftlecher Situatioun zu Lëtzebuerg sinn, déi et de Parteie kloer-gemaach huet, dass ee soll d'Méiglechkeet ginn, eng Nationalitéit ze halen an d'Lëtze-buerger Nationalitéit derbäizekréien.

Déi gesellschaftlech Realitéit ass jo déi, dass mer hei zu Lëtzebuerg niewent 250.000, 260.000 Indigènes - wann ech dat emol esou kann nennen - och nach iwwer 200.000 Leit hunn, déi hei liewen, schaffen, eng Famill hunn an héchstwahrscheinlech op laang Dauer an dësem Land wëlle liewen. An déi duebel Nationalitéit soll jo erlaben, dass méiglechst vill vun deene Leit sech zur Lëtzebuerger Gesellschaft schloen, dass se och politesch Rechter kréien, dass mer net eng gespléckte Gesellschaft kréien, mä dass mer eng Gesellschaft kréien, wou méiglechst vill Leit zesummen d'Geschécker vum Land féieren an decidéieren, an net eng Zwouklassegesellschaft: engersäits d'Lëtzebuerger an anerersäits déi Leit, déi hei näischt matze-bestëmmen hunn.

Dat hu mer jo zum Deel schonn iwwert d'europäesch Biergerschaft bei de Wahlen fir d'Gemengen an och bei den Europawahlen erreecht. Ech mengen, dat hei ass e Schrëtt zu méi Kohesioun vun der Lëtzebuerger Gesellschaft.

Elo wësse mer, dass et verschidden Opfaassunge gëtt. D'Madame Flesch huet och schonns déi Debatt vun 2001 rappeléiert. Selbstverständlech hu mir als LSAP Positionen, déi sech net 100%eg decke mat deene vun der CSV. Ech si perséinlech der Meenung, dass ee vum Integratiounswee, fir Lëtzebuerger ze ginn, ka soen, dass dee muss ofgeschloss sinn, ier ee Lëtzebuerger gëtt. Et kann een d'Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit och als e Schub ugesi fir een, deem um hallwe Wee oder um Dräivéierelswee ass vun der Integratioun, sech nach méi ze integréieren.

Mir hunn also mat der CSV probéiert e Kompromëss auszuschaffen, an dee Kompromëss besteet doranner, dass mer och bei der Lëtzebuerger Sprooch gesot hunn, mir solle bei dem Verständnis méi wäit goe wéi bei deem aktiven, dagdeegleche Schwätzen. Zu deem Kompromëss sti mer, a mir hu jo och gefuerdert als LSAP, dass d'Regierung soll Effortë maachen, fir dat iwwerhaupt méiglech ze maachen.

Duerfir begrëssen ech, dass d'Regierung leschte Freideg e Gesetzesprojet op den Instanzewee ginn huet, fir de Centre de langues zu engem Institut national des langues ze dévloppéieren, mat grouse Moyenen ze versinn, och Ressources humaines, fir Lëtzebuergesch zu Lëtzebuerg ze enseignéieren an also de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, eben och déi Konditioun vum Lëtzebuergeschen ze erfëllen. Mir stinn also zu deem Kompromëss, souguer wa mer wéinst deene fënnef oder siwe Joer Diskussiounen haten, dat ginn ech gären zou.

Ech wëll awer zu de Sproochen nach eppes anescht ersoen. Wann elo gesot gëtt, Lëtzebuergesch ass d'Haaptmierkmal vun der Identitéit vu Lëtzebuerg, da wëll ech soen, dass ech ganz frou mam Lëtzebuergesche sinn an dass ech fannen, dass dat effektiv e wesentlech Mierkmal vun onser Identitéit ass, mä dass mer eben duerch ons kulturell a geopolitesch Situatioun zu Lëtzebuerg eigentlech e Sproochesystem hunn, deem ons Identitéit och ausmécht. Et ass jo net fir näischt, dass an dem Projet de loi iwwert d'Nationalitéit och eng Maîtrise vun enger vun deenen anere Sprooch gefrot gëtt, niewent Lëtzebuergesch och d'Maîtrise entweder vum Franséischen oder vum Däitschen.

Loosse mer also iwwert där ganzer Begeeschterung fir d'Lëtzebuergesch net ver-giessen, dass mer och Franséisch an Däitsch hunn an dagdeeglech praktizéieren a brauchen, fir iwwerhaupt kënnen an där Welt vun haut ze iwwerliewen. Dat heescht also, déi Manéier, wéi mer un d'Lëtzebuergesch eruginn, dat ass net eppes Iso-léiertes, mä dat ass eppes wat zesum-

menhänkt mat onser kultureller Identitéit a mat onsem Sproochesystem, esou wéi e sech säit onser Onofhängegkeet 1839 hei erausgeprägt huet.

Dat wollt ech soen an ech mengen, mir sollten déi Diskussioun hei - dat ass en Opruff un alleguerten d'Parteien - roueg a besonnesch am Hibleck op d'Realitéite féieren. Net iergendee Wonschdenken, mä de Bléck op d'Realitéiten, déi et hei gëtt, an déi et dësem Land erlaben, sech esou ze entwéckelen - Lëtzebuerger an Auslänner zesummen -, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Justizminister Luc Frieden huet d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech hu mech de Mëtteg heiandso gefrot, u wéi enger Debatt ech géif deelhuelen, well et war mir esou, wéi wa mer géifen am Hierscht iwwert de Projet de loi vun der Regierung iwwert d'duebel Nationalitéit diskutéieren an haut iwwer eng domat zesummenhängend, mä am Fong awer och ganz onofhängeg dovun existéierend Verfassungsreform. An et ass och zu där, wou ech wollt schwätzen.

» **Une voix.** - Et war d'Generalprouf!

(Hilarité)

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Ech géif och wëllen, am Numm vun der Regierung, dem President vun der Institutionskommissioun a Rapporteur vun deene Verfassungsreformen, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci soen. Hien huet eis bewisen, wat fir eng wichteg Verfassungsreform mer haut virhuelen, well d'Chamber an deem wichtige Beräich vun der Natioun op ee vun hiren historesche Pouvoiren, nämlech d'Nationalitéit ze accordéieren, verzicht, fir deem dem Exekutiv, en l'occurrence dem Justizminister, ze ginn. An engem Gesetz, wat mer spéider am Joer definéieren, ginn d'Bedéngunge beschriwwen, innerhalb vun deenen de Justizminister d'Nationalitéit an Zukunft accordéiert.

Dat ass eng net onwesentlech Verfassungsännerung. Si betrëfft d'Natioun, si betrëfft d'Nationalitéit - duerfir och vläicht déi Opreegung de Mëtteg a verschiddenen Interventionen -, mä déi Reform, déi besteet onofhängeg vun deem Projet de loi. Et ass och net de Projet de loi, deem dës Verfassungsreform noutwendeg gemaach huet.

Dës Verfassungsreform huet d'Chamber proposéiert. Et ass net d'Regierung, mä d'Chamber, déi se proposéiert huet, well se der Meenung war, dass dat hei zu méi Rechtsstaatlechkeet féiert, well et net méi einfach en discrétionnairet Recht ass, wat d'Chamber engem gëtt, mä well et kloer Konditioune gëtt, innerhalb vun deenen de Justizminister d'Nationalitéit accordéiert, well hie seng Décisioun och muss motivéieren a well, wann ee mat där Décisioun net d'accord ass, een Asproch kann aleee virun de Verwaltungsgerichter vu Lëtzebuerg. Dat ass eng wesentlech Reform, fir d'Rechtsstaatlechkeet zu Lëtzebuerg ze verdéiwen, an dat ass eng Reform, déi d'Regierung begréisst.

An deem Verfassungstext steet, dass nëmmen d'Gesetz kann an Zukunft fixéieren, wat fir eng Konditiounen ee muss erfëllen, fir Lëtzebuerger ze ginn. Dat ass gutt, dat ass richtig, well d'Natioun ass dat, wat eis verbënnt. D'Natioun setzt sech zesummen aus objektiven a subjektiven Elementer. Dat ass dat, wou mer gemeinsam freedeg a schwierig Momenter zesummen haten. Dat ass awer och e gemeinsame Wëllen, fir zesummen d'Zukunft vun eisem Land virzebe-reeden.

Et ass déi gemeinsam Zukunft, déi mer deenen offréieren, déi wëllen eis Nationalitéit unhuelen. Déi eng kréie se duerch d'Gebuert, déi aner kréie se, well se bei eis wunne komm sinn a well se wëlle mat eis déi Zukunft preparéieren. Dat muss net jiddfer-een effektiv sinn, deem an eist Land wunne kënn.

Duerfir huet d'Regierung jo och dräi verschidde Projets de loi déposéiert, déi awer aus darselwechter Philosophie entstinn: en Immigrationgesetz, wat déi legal Immi-gratioun regelt, en Integrationsgesetz, wat versicht, déi Leit, déi bei eis wunnen, an eis Gesellschaft ze integréieren, an en drëtt Gesetz, wat d'Gesetz ass iwwert d'Acquisitioun vun der Nationalitéit.

Domadder kréien déi Leit, déi wëllen nach eng Etapp méi wäit an der Integratioun goen, déi eng laangfristeg Perspektiv an dësem Land wëllen hunn a wëlle mat am

Entscheidungsprozess agebonne sinn, d'Méiglechkeet offréiert, ënner kloer definierte Konditiounen och kënne Lëtzebuerger ze ginn. Immigration, Integratioun an Nationalitéit, et gëtt Intersectionen, mä et sinn dräi verschidde Saachen.

D'Zil vun där Verfassungsreform vun haut besteet doranner, de Rechtsstat ze verdéiwen. D'Regierung begréisst dat ausdrécklech. D'Nationalitéitsgesetz, wat mer am Hierscht diskutéieren, huet zum Zil, sécher-zustellen, dass déi, déi mat eis d'Zukunft vum Land als Lëtzebuerger wëlle gestalten, och deen Integratiounswëlle bewisen hunn. Et ass en Effort vun deenen, déi bei eis kommen, an et ass en Effort vun där Gesell-schaft, déi déi Leit soll ophuelen.

Dat war och d'Philosophie vun deem Projet de loi, deem ech am Numm vun der Regierung déposéiert hunn, fir sécherzestellen duerch déi Konditiounen - d'Residenzdauer, d'Sprooch, d'Absence vun engem Stof-regëster an d'Assistenz a Coursen iwwer verschidde Grondrechter vun eisem Land -, dass déi Integratioun och bei deenen, déi wëlle Lëtzebuerger ginn, assuréiert gëtt.

Et besteet e fundamentalen Ënnerscheed zu deem, wat mer virun e puer Joer gemaach hunn. Dat ass d'Ursaach, firwat ech deemools eppes anescht ersoen sou wéi haut - well och deemools war ech Justizminister -, well deemools sollte mer net d'duebel Nationalitéit aféieren, déi mer haut aféieren. Mir hunn och deemools, an duerfir ass dëst Gesetz eng Suite vun deem, wat mer deemools gemaach hunn, éischt Elementer vun der Lëtzebuerger Sprooch ageféiert, mä ech mengen et wier gutt, wa mer an deem Gesetzesprojet och d'Konditioune géife preziséieren, fir dass och do keen Arbitraire besteet. Da mussen d'Konditiounen och esou sinn, dass een och déi Lëtzebuerger Sprooch wierklech ka schwätzen, dass een also domadder och a sengem sozialen Ëmfeld déi Cohésion sociale, dat soziaalt Zesummeliewe kann assuréieren, dat an eisem Land extrem wichteg ass.

Mir sollten déi Froen onpolemesch, mä awer och net mat Naivitéit behandelen. Déi, déi se mat Naivitéit an enger Iwwermooss vun „Dat wäert scho goen“ am Ausland geregelt hunn, déi hunn öfters an op verschiddene Plazen op eng dramatesch Aart a Weis misse spieren, wat dobäi erauskomm ass. Et ass de Wonsch vun der Regierung, dass mer an deene Méint, déi bleiwen, déi Diskussioun op eng sachlech Aart a Weis, mat gudden Argumenter, och wann et ënnerschiddlech Meenunge ginn, féieren. Se net ze féieren, wär e Feeler, an an deem Sënn war dës Debatt vun de Mëtteg, déi zwar anescht ugefaangen huet, awer eng ganz wichteg.

De Projet de loi, deem d'Regierung déposéiert huet an deem eng Majoritéit an der Commission juridique d'lescht Woch fonnt huet, ass e Projet, dee fousst op enger Iwwerleeung vun enger erfollegräicher Integratioun, an zu deem ech total stinn, well et ass d'Resultat vu laange Consultatiounen, vu laange Reflexiounen an och vun Observatioun vun deem, wat am Ausland geschitt.

E lescht Wuert vläicht, Här President, fir dass d'Leit dobaussen och verstinn, wat mer an dem Kalender maachen.

Haut stëmmt d'Chamber d'Verfassungsreform eng éischte Kéier. Domat ass de Justizminister nach net eleng zoustänneg fir d'duebel Nationalitéit, well dee Verfassungstext muss jo eng zweete Kéier gestëmmt ginn. Doduerch kann och de Projet de loi érischt am Hierscht gestëmmt ginn a wäert viraussiichtlech ronderëm den 1. Januar vum nächste Joer a Kraaft treden, well et Etappe gëtt, déi mussen an der Chambersprozedur, an der Verfassungsprozedur an an der Gesetzesprozedur respek-téiert ginn. Ech soen dat, well oft d'Fro ge-stallt gëtt dobaussen: Ma wéini ass dann elo d'duebel Nationalitéit do?

Et ass also net méiglech wéinst dëser Verfassungsännerung, dass mer dat Gesetz elo scho géifen a Kraaft triede loossen oder elo scho géife stëmmen. Mir brauche fir d'éischt d'Verfassungsännerung, da kënn d'Gesetz an dat trëtt also uganks 2009 vir-aussiichtlech a Kraaft, wann d'Chamber bis dohinner hir Aarbechten ofgeschloss huet.

Op jidde Fall, dës Verfassungsreform ass eng, déi de Rechtsstat zu Lëtzebuerg stäerkt. Si gëtt der Regierung méi Pouvoir, mä dat ass net dat, woufir mer et gefrot hunn. Ech mengen awer, dass et d'Prozedur méi schnell, besser a méi grondrechtfrëndlech mécht, well d'Leit, déi e Grondrecht hei exercéieren, wëssen, no wéi enge Kritären a mat wéi enge Rechtsmëttele kann exer-ciéiert ginn.

Merci.

» **M. le Président.** - Här Minister, den Här Jaerling wëllt lech nach eng Fro stellen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (ADR).** - An där ganzer Diskussioun, wou Der elo sot, déi soll sereine gefouert ginn, och iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch, wär ech dann awer frou gewuer ze ginn, wéi d'Lëtzebuerger Regierung dann derzou steet mat deenen zwou Propositions de loi, fir d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Verfassung anzeschreiwen. A wat d'Lëtzebuerger Regierung gedenkt ze maachen, dass d'Lëtzebuerger Sprooch endlech och als europäesch Sprooch offiziell unerkannt gëtt.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech mengen net, dass ech am Numm vun der ganzer Regierung zu Propositions de loi ka schwätzen, déi - souwäit ech weess - bis elo net am Regie-rungsrot aviséiert gi sinn.

Ech kann lech just soen, als Member vun där Regierung, dass ech mengen, dass d'Lëtzebuerger Sprooch als een Element vun der Identitéit sécherlech kéint eng Plaz an enger nationaler Verfassung fannen, sou wéi dat och am Ausland bei anere Länner mat der Sprooch de Fall ass.

Wat eng europäesch Benotzung vun der Lëtzebuerger Sprooch ubelaangt, sou muss ech lech soen, dass ech dat...

(Interruption)

Jo, Unerkennung ass och Benotzung, wéi bis elo bei all deene Sproochen, déi mer an Europa unerkannt hunn. Ech sinn der Mee-nung, dass mer haut an Europa an den euro-päeschen Institutionen vill ze vill Sproochen hunn, dass dat een enorme Käschtepunkt ass an dass mer do eng Kéier mussen eng Reflexioun féieren, ob all déi Sprooche wierklech néideg sinn. Jiddferee muss do-heem kënne seng Sprooch schwätzen, dat stellt jo och guer keen a Fro, mä an den eu-ropäeschen Institutionen ass et a mengen Aen en Unfug, fir alles mussen an esou vill Sproochen ze iwwersetzen.

Duerfir mengen ech, dass een déi Fro muss an deem Licht och gesinn. Mä, wéi gesot, grondsätzlech - an do hoffen ech och, dass et hei e Konsens am Parlament gëtt -: Mir si Lëtzebuerger, an ech mengen an ech hof-fen, dass mer eis och an der Nationalitéitfro missten am Fong eens ginn, dass d'Sprooch e wichteg Element ass an dass dat och ka säi Reflet a Grondtexter fannen, wéi mer se an der Verfassung hunn. Do ginn ech der Verfassungskommissioun d'Vertrauen, dass se dee richteg Wee fënnt. Ech fir mäin Deel géif dat begrëssen.

Merci.

» **M. le Président.** - Entschëllegt, Här Minister, den Här Fayot huet nach eng Fro.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech hu keng Fro. Ech wollt just eppes derbäifügen, wat d'Sprooch an d'Lëtzebuergesch an Europa ugeet. Et gëtt eng Distinction ze maachen zwëschent enger Sprooch als Langue de travail an enger Sprooch, déi offiziell ass.

Lëtzebuergesch ass als offiziell Sprooch an der Europäescher Unioun unerkannt. Mä si ass, Här Jaerling, vu Lëtzebuerg ni als Langue de travail gefrot ginn.

Ech sinn der Meenung, an do sinn ech mam Här Minister d'accord, dass et awer vläicht e bësschen iwwerdrifwe wär, wa mer och elo nach d'Lëtzebuergesch géifen niewent deenen 23 anere Sprooche verlangen. Well mer jo awer och als Lëtzebuerger...

(Interruption)

Ma, Här Jaerling, loosst mech dach schwätzen!

Well mer als Lëtzebuerger net nëmme Lëtzebuergesch hunn, mä och nach Franséisch an Däitsch als offiziell Sproochen a mer fir de Kontakt am Europaparlament zum Beispill mat Lëtzebuergesch net ganz wäit géife lafen, mä mat Franséisch an Däitsch ganz vill kënne maachen. Et geet jo hei ëm d'Effikassitéit vun der Sprooch.

Nach eng Kéier: Lëtzebuergesch ass als of-fiziell Sprooch an Europa unerkannt an et kënnen och offiziell Texter op Lëtzebuergesch iwwersat ginn, wann dat gefrot gëtt.

» **M. le Président.** - Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun de Propositionen, déi den Här Meyers ons haut de Mëtteg hei vir-gedroen huet. Fir d'éischt d'Ofstëmmung iwwert d'Proposition de révision 5595.

Dir wësst, dass mer eng Zweedrëttelmajoritéit brauchen an dass de Vote par procura-tion net erlaabt ass.



**Vote sur la proposition de révision de la Constitution N°5595**

D'Propositïoun 5595 ass mat 50 Jo-Stëmmen - bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun - ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de révision 5672.

**Vote sur la proposition de révision de la Constitution N°5672**

Och dës Propositïoun ass mat 50 Jo-Stëmmen - bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun - ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5731 iwwert d'Inzidenze vu verschiddenen Ëmweltprogrammer a vum Projet de loi 5735, eng Konventioun iwwert d'Auswäertung vum Ëmweltimpakt am grenziwwerschreidende Kontext. Béid Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt.

Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Negri.



**4. 5731 - Projet de loi relatif à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement**

**5735 - Projet de loi portant approbation du Protocole à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, relatif à l'évaluation stratégique environnemen-tale, fait à Kiev (Ukraine), le 21 mai 2003**

**Rapports de la Commission de l'Environnement**

»»» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ëmweltkommissioun huet an deene leschten zwee Méint folgend zwee Gesetzesprojeten zesummen analyséiert, well se am direkte Lien matenee stinn.

Et handelt sech engersäits ëm de Projet de loi 5735, dee grenziwwerschreidend zwë-

schent de Länner déi strategesch Evaluatioun vu Projekte fir den Impakt op d'Ëmwelt regléiert, an dëst am internationale Kader vum Protokoll vu Kiew vum 21. Mee 2003 an als Amendement zur Konventioun vun Espoo vum 25. Februar 1991. An anersäits handelt et sech ëm de Projet de loi 5731 iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vu konkreten national definéierte Pläng a Programmer.

Et wier net richtig ze soen, dass den zweet-genannte Projet dat an Nationalrecht ëmsetzt, wouzou mer eis duerch deen éischten um internationalen Niveau verflichten. An dach kënn et an der Praxis dorop eraus. Dofir stellen ech déi zwee Projets de loi zesumme vir.

Béid Gesetzesprojeten ënnerstëtzen ee gemeinsam Zil: Bei alle grouesse Projekten, déi sech negativ op d'Ëmwelt auswierke kéinten, soll méiglechst systematesch analyséiert ginn, wat fir en Impakt se op d'Ëmwelt hunn an ob deen Impakt net ka minimiséiert oder kompenséiert ginn.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

An dësem Fall soll virun allem derfir gesuergt ginn, dass dat méiglechst fréi geschitt, an zwar net eréischt dann, wann en eenzelne Projet soll ëmgësat ginn, mä och scho wann um nationalen, regionalen Niveau oder an anere Länner Programmer oder Pläng ausgeschafft ginn, a Secteuren, déi ee staarken Afloss op d'Ëmwelt hunn.

Béid Gesetzesprojete leeën och grouesse Wäert op d'Participatioun vum Public an dësem Kontext. Souwuel d'Konventioun vun Espoo wéi och de Protokoll vu Kiew wéi och d'EU-Direktiv 2001/42/CE sollen dozou bäidroen, dass eis Politik méi nohalteg an och méi transparent a méi demokratesch gëtt.

Här President, ech wëll fir d'éischt op de Projet de loi 5735 agoen, op déi sougenannte Konventioun vun Espoo an de Protokoll vu Kiew, ëm déi et hei geet. Am zweeten Deel vu menger Ried ginn ech dann op de Projet de loi 5731 an, deen d'EU-Direktiv 2001/42/CE an nationaalt Recht ëmsetzt an domat deem virgenannte Protokoll vu Kiew Rechnung dréit.

Zu Espoo a Finnland hunn de 25. Februar 1991 30 Staten ënnert dem Patronage vun der Commission économique pour l'Europe vun de Vereenegten Nationen eng Konventioun iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt an engem grenziwwerschreidende Kontext ënnerschiwwen.

Domat hu se sech verflicht, bestëmmten Aktivitéite schonn an enger Planungsphas ze evaluéieren an déi betreffen Nopeschlänner ze konsultéieren. Dës Konventioun ass den 10. September 1997 a Kraaft getrueden. Haut sinn 42 Staten iwwert d'Konventioun vun Espoo an dës Evaluatiounspolitik mat agebonnen.

Am Kader vum Programm Environnement pour l'Europe gouf während der fënnefter Ministerkonferenz tëschent dem 21. an dem 23. Mee 2003 zu Kiew en zousätzleche Protokoll ënnerschiwwen, deen de grouesse Kader, deen d'Konventioun vun Espoo gësat huet, e Stéck méi prezis a contraignant mécht.

Ausserdeem hält en Elementer vun der Konventioun vun Aarhus mat eran, iwwert déi mer heibanne jo scho méi wéi eng kéier geschwat hunn. Am Sënn vun der Aarhus-Konventioun gesäit de Protokoll deemno vir, dass de Public vun Ufank u participativ mat agebonnen ass, wann et drëm geet, an engem grenziwwerschreidende Kontext Pläng a Programmer auszeschaffen, déi en negativen Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet kënnen hunn.

Lëtzebuerg huet genauso wéi 35 aner Staten de Protokoll vu Kiew am Mee 2003 ënnerschiwwen. Wa mer haut als Chamber dëse Protokoll approvüieren, da gi mir domat eis Zoustëmmung zu enger kohärenter Ëmweltpolitik, déi iwwert déi lescht Jore gekuckt ëmmer méi konkret Contourë kritt huet. An dach ass d'RAFifizierung vum Protokoll vu Kiew éischter eng Formsaach. Et hunn nämlech net nëmme 36 Staten, mä och d'Europäesch Unioun als solch dëse Protokoll ënnerschiwwen. Mir sinn deemno souwouso iwwert d'Ëmsetze vum d'EU-Recht un d'Espoo-Konventioun an de Protokoll vu Kiew gebonnen.

D'Europäesch Unioun huet an dësem Fall eng Virreideroll gespillt. Nach ier de Protokoll vu Kiew ënnerschiww gouf, hat d'Europäesch Unioun schonn eng Direktiv ausgeschafft, déi konkret an obligatoresch Mesurë virgesäit, fir d'Konventioun vun Espoo ëmzesetzen. An dës Direktiv beschränkt sech natierlech net nëmmen op e grenziwwerschreidende Kontext, mä schreift d'Evaluatioun vu bestëmmte Pläng a Programmer och um nationalen Niveau vir. Dës Direktiv huet fir de Protokoll vu Kiew Modell gestanen.

Här President, et handelt sech hei wéi gesot ëm d'EU-Direktiv 2001/42/CE, déi mer am Kader vum Projet de loi 5731 an nationaalt Recht ëmsetze wëllen. Vu dass mer iwwert d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv ënner anere och eise Verpflichtungen a Bezuch op de Protokoll vu Kiew gerecht ginn, wëll ech elo méi am Detail op de Projet de loi 5731 agoe wéi op de Projet de loi 5735, dee jo just en Acte d'approbation ass. De Statsrot huet dat a sengem Avis iwwregens genauso gehalen.

Komme mer ee Moment zrëck op d'Direktiv 2001/42/CE. Och heibäi handelt et sech ëm d'Fortschreiwung vun enger Politik, déi sech drëm beméit, an alle relevante Beräicher systematesch lwwerleeungen zur Ëmwelt an zur Nohaltegkeet mat eranzebréngen.

Virun 2001 gouf et schonn eng EU-Direktiv 85/337/CEE, déi eng Ëmweltevaluatioun fir bestëmmten öffentlech a privat Projekte virgeschriwwen huet. D'EU-Direktiv 2001/42/CE geet elo e Schratt méi wäit, andeem se eng systematesch Evaluatioun vun den Auswierkungen op d'Ëmwelt schonn zu engem vill méi fréien Zäitpunkt fuerdert, wou d'Gesetzer oder national a regional Pläng a Strategien opgestallt a festgeluecht ginn, déi spéider bei hiner Realiséierung e wichtege Impakt op d'Ëmwelt wäerten hunn. Dat schléisst och d'Pläng a Programmer mat an, déi riskéieren, déi sougenannten Habitat-Zonen ze affectéieren.

Automatesch mussen esou Evaluatioune gemaach gi bei Pläng a Programmer am Beräich vum Aménagement du Territoire, vum Verkéier, der Energie, der Offall- a Waasserwirtschaft, der Industrie, der Telekommunikatioun, der Land- an der Forstwirtschaft an dem Tourismus.

Doriwwer eraus kënnen och Pläng a Programmer aus aneren Aktivitéitsberäicher ënnert déiselwecht Prozedure falen, wa se bestëmmte Kritären erfëllen, déi an der Annex 2 vun der Direktiv beschriwwen sinn an aus deenen ervirgeet, dass dës Pläng oder Programmer schwéierwiegend Auswierkungen op d'Ëmwelt hunn. Konkret bedeit dat, dass, ier esou e Plang oder e Programm oder e Gesetz ugeholl gëtt, eng Impaktstudie an e Rapport gemaach muss ginn, an dëst an Zesummenaarbecht mat der zoustänneger Ëmweltverwaltung.

D'EU-Direktiv hält och fest, wat fir eng Informatiounen an deem Rapport dran enthalen mussen sinn. Dës si folgend:

- 1) d'Objektiver vum Plang oder Programm an de Résumé, wat dëse Plang oder Programm beinhalt;
- 2) d'Ëmweltcharakteristike vun dem Terrain, deen duerch de Plang oder de Programm affectéiert gëtt;
- 3) d'Ëmweltproblemer, déi fir de Plang oder Programm eng Roll spillen;
- 4) d'Ëmweltschutzziler, sief et um nationalen, communautairen oder internationalen Niveau, déi fir d'Ausschaffe vum Plang oder Programm eng Roll spillen;
- 5) d'Auswierkungen op d'Ëmwelt, déi de Plang oder Programm aller Viraussicht no mat sech bréngt;
- 6) d'Moossnamen, déi geplangt sinn, fir en negativen Ëmweltimpakt méiglechst kleng ze halen;
- 7) d'lwwerwaachungsmoossnamen, déi virgesi sinn, an
- 8) leschtens kënn ausserdeem an de Rapport och e Resumé, deen net technesch ass an domat och vun Netfachleit ka verstane ginn. Dëse Rapport gëtt nämlech net nëmme pour avis un déi zoustänneg Ëmweltverwaltung geschéckt, mä och der Öffentlechkeet zougänglech gemaach.

De Public muss dës Informatiounen fréi genuch kréien, fir kënnen säin Avis dozou ofze-ginn. Am Sënn vum Protokoll vu Kiew mus-sen och d'Nopeschregiounen dës Informatiounen kréien, wann e Plang oder Programm Auswierkungen op hiren Territoire huet, oder wa se dës Informatiounen ufroen.

Wann dee betreffenen Nopeschstat dat wëllt, kann en un der Consultatioun deelhuelen, an och déi hei betrafte Bevölkerung gëtt op déiselwecht Manéier mat an dës Prozedur agebonne wéi de Public vun deem Land, dat de Plang oder de Programm ausschafft.

D'Avisen, déi am Kader vun dëser Prozedur vun de Concernéierten erakommen, solle mat an de Plang oder Programm afléissen, dee schliesslech genehmegt gëtt. No deem de Plang oder Programm ugeholl gouf, mussen déi concernéiert Acteuren nach emol eng Rei vun Informatiounen kréien. An zwar muss se déi verschidden Avisë kënnen agesinn an iwwert d'Resultat vun de Consultatiounen informéiert ginn.

Si mussen och eng Erklärung kréien, firwat dës Iddien tatsächlech ugeholl goufen a mat enger Begrënnung, firwat de Plang oder Programm an där Form ugeholl gouf. Déi Concernéiert ginn ausserdeem och nach iwwert d'lwwerwaachungsmesurë vun deem betreffende Plang oder Programm informéiert.

Här President, am Prinzip ass et esou, dass bei alle wichtege Pläng, Programmer an da spéider Projeten hir Auswierkungen op d'Ëmwelt gepréift a méiglechst kleng gehale solle ginn, an dass esou fréi wéi méiglech Impaktstudie sollen a musse gemaach ginn, esou dass déi néideg Ëmweltadaptatiounen ouni gréisser Problemer kënnen gemaach ginn. Dat ass einfach ze verstoen.

Trotzdeem ass d'Ëmsetzung vun der EU-Direktiv 2001/42 net esou einfach. Wéi esou oft stécht den Däiwel dobäi am Detail. Dat gesäit een un deem eelef Säite laangen éischten Avis vum Statsrot vum 13. November vum leschte Joer, un deene ville klengen Ännerungen an deene 14 Amendemen-ter, déi d'Ëmweltkommissioun zum initialen Text de 17. Januar 2008 gemaach huet, an dem Fait, dass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 4. Mäerz 2008 ëmmer nach e puer Bedenke behält.

Ech wëll hei op e puer Punkten agoen, déi zu méi prinzipiellen Diskussioune gefouert hunn.

Eng éischt wichtege Remarque, déi de Statsrot a sengem Avis gemaach hat, war, dass mer entre-temps an enger ganzer Rei vu Gesetzer Virschrëften hunn, déi Ëmweltimpaktstudie virgesinn. De Statsrot ass besuergt, dass d'Gesetzgebung doduerch ëmmer manner transparent gëtt an et eventuell zu lwwerschneidungen oder Konfusioune komme kann. De Statsrot ass der Meenung, dass et besser wär, e Gesetz iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt mat enger kloerer Prozedur ze maachen a just nach zousätzlech ee Gesetz ze maachen, wann et an deem engen oder anere Beräich néideg wär doriwwer erauszegoen.

An der Ëmweltkommissioun hu mir doriwwer diskutéiert. Allerdéngs war eis bewosst, dass esou eng Iddi am Kader vum Projet de loi 5731 net ëmsetzbar ass. Wann d'Regierung dem Statsrot seng Approche gewielt hätt, hätt si e ganz anere Projet de loi misse virleeën.

Esou e Projet de loi auszeschaffen, ass fir d'Regierung mat engem groussen Opwand verbonnen, deen an deem enken Zäitkader, dee mer hunn, net ze réaliséieren ass. Well d'Direktiv 2001/42/CE hätt bis den 21. Juli 2004 misse ëmgësat ginn, wat awer leider an der leschter Legislaturperiod net geschitt ass. Mir sinn entre-temps weinst der Netëmsetzung vun der Direktiv veruerteelt an hunn Intérêt drun, dass mer elo esou séier wéi méiglech handelen, wa mer net vun der EU wëlle bestrooft ginn.

Doriwwer eraus ass d'Ëmweltkommissioun awer och net iwwerzeegt, dass d'Approche, déi de Statsrot recommandéiert, d'Evaluatioun am Ëmweltberäich an der Praxis wierkelech méi einfach maache géif. Et wier wuel méi licht ze gesinn, wat fir e Gesetz muss applizéiert ginn, mä d'praktesch Uwendung ass a bleift relativ komplizéiert. En Indiz dofir ass och, dass all déi aner EU-Member-staten - mat enger Ausnahm, nämlech Frankräich - de Wee gewielt hunn, dee mir och ginn.

Ee grouesse Problem bleift esou oder esou. Et kënnen net all konkret Situatiounen, déi sech spéider stellen, virausgesi ginn. Et soll och beduecht ginn: Wann een en ze vill héije Grad u Prezisioun an d'Gesetz erabrëngt, riskéiert een a konkrete Fäll säin Zil net ze errechen oder awer onnéideg bürokratesch Hürden opzebauen, déi mer am Sënn vun der Simplification administrative jo grad net wëllen.

Bleift d'Gesetz méi vag, dann ass et grad esou kloer, dass et zu ënnerschiedlechen Interpretatioune komme kann. Genau dat war och e wichtege Kritikpunkt vum Statsrot, dee fäert, dass eenzel Dispositionen net prezis genuch sinn an domat zu Rechts-onsécherheete féiere kënnen.

D'Ëmweltkommissioun war awer der Meenung, dass d'Regierung richtig läit, andeems si genau déi Definitiounen a Begrëffer iwwerholl huet, déi an der EU-Direktiv